



Vun eis kennt bestëmmt een aus sengem Bekannten- oder Familljekrees e Fall, deem esou Schikaneu erlieft huet an deem säi Berufsalltag zur Häll ginn ass. D'Affer erliewen dës Ugrëffer als eng deif gräifend Kris, vergläichbar mat engem Trauma bei engem Accident oder bei engem Iwwerfall. Mat all Attack erliewen d'Affer op en Neits hir Onmuecht an hir Demütigung.

Mobbing an der Aarbechtswelt ass e groust Thema. Et ka jiddwereen treffen. Et verursaacht en héije Leidensdruck a kann zu psycheschen a physischen Krankheete féieren a schlussendlech och zu enger Aarbechtsonfäegkeet.

Hei stellen ech meng éischt Fro un de Minister: Ginn et Donnéeën, déi de Phänomeen vum Mobbing hei am Land erfassen? Kann och vläicht ageschat ginn, wéi d'Onkäschten, déi eben duerch de Mobbing kënnen entstoen, kéinten och erfaasst ginn? Well de Mobbing ass jo net just nëmmen e Problem, deem déi Betraffe selwer betrëfft, wat jo u sech scho schlëmm genuch ass, mä och fir d'Betriber an d'ganz Ekonomie kënnen hei Schied entstoen.

Viru gutt 14 Joer gouf eng Initiativ ergraff, dat war deemools vum LSAP-Deputéierte Lucien Lux, deem hat eng Proposition de loi agereecht, déi vun der deemoleger CSV/DP-Regierung ënnert der Leedung vum chrëschtlech-sozialen Aarbechtsminister ofgeleent gouf. Et huet sech deemools leider keng politesch Majoritéit fonnt, fir ze légiféieren.

(Interruptions)

Ech begrëssen awer, dass dës Sujet elo am aktuelle Koalitionsaccord Nidderschlag fonnt huet an ebe gekuckt soll ginn, fir e legale Kader auszeschaffen, also e Gesetz auszeschaffen, baséierend op dëser Proposition de loi an och op der Konventioun vun 2009 tëschent de Sozialpartner.

Dozou da meng zweet Fro un de Minister: Sinn d'Bestriewungen nach ëmmer ginn, fir e Gesetz ze maachen? Sidd Der vläicht schonn amgaangen, esou e Gesetz auszeschaffen? A wéini kéint mat engem Dépôt da vläicht gerechent ginn?

(Brouhaha)

D'Konventioun tëschent de Sozialpartner leet d'Schwéierpunkt op d'Preventioun an d'Gesetzwu Mobbingfäll. Et ass virgesinn, dass no fënnef Joer, wann ee vun de Sozialpartner dat freet, eng Evaluatioun kann duerchgefouert ginn.

Dofir meng drëtt Fro un de Minister: Hutt Der vläicht Infoen zur Ëmsetzung vun den Dispositionen a Mesuren, déi an dëser Konventioun festgehalen goufen? Oder sinn eventuell och Konklusiounen gezu ginn?

Op ee prezise Punkt wëll ech awer nach gären agoen, deem och ganz wichteg ass: Dat ass d'Preuve. An der Proposition de loi, déi ech iwwerholl hunn, gëtt d'Iddi virgeschloe vun engem Partage vun der Charge vun de Beweiser. Dat heescht, dass d'Affer verflücht ass, d'Faiten, déi e Mobbing vermute loossen, ervirzebréngen, woubäi et dann un der ugekloter Säit ass, déi Uschëllegungen dann, déi net esou begrënnt sinn, virzedroen (veuillez lire: woubäi et dann un der ugekloter Säit ass virzedroen, dass déi Uschëllegungen esou net begrënnt sinn).

Hei géif ech da gären als véiert Fro vum Minister wëssen,...

(Coups de cloche de la présidence)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Lauschtert no, wann ech gelift!

► **Mme Taina Bofferdin** (*LSAP*).- ...wéi hien zu dëser Iddi steet an ob déi Iddi och herno vläicht kéint am Gesetz opgegraff ginn.

Eng fënneft a lescht Fro - ech gesinn, dass meng Zäit fortleeft, da maachen ech et e bësse méi kuerz -, meng fënneft a lescht Fro un de Minister war, ob och driwwer nogeduecht gëtt, fir nach aner Mesuren ze huelen, fir de Mobbing ze ënnerbannen.

Ech wëll och gären zum Schluss soen, dass ech mer duerchaus bewosst sinn, dass mer, wa mer elo e Gesetz maachen, domadder de Mobbing net komplett aus der Aarbechtswelt verschwanne loossen. Mä ech denken awer, dass et dozou ka bäidroen, dass et däre Männer wäert ginn. A virun allem beweise mer domadder, dass de Mobbing kee Kavaliersdelikt ass, dass mer déi Betraffen net mat hire Problemer eleng dostoe loossen. A virun allem wäerte mer domadder haartnäckeg Mobber konsequent zur Rechenschaft zéien. Genau dofir, mengen ech, brauche mer en effiziente Rechtsschutz am Sënn vun engem verbesserte Schutz vun de Rechter fir déi schaffend Leit.

Merci.

► **Une voix**.- Gutt!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- D'Wuert huet elo den Här Aarbechtsminister.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Merci, Här President. Här President, Madamm Deputéiert, ech deelen natierlech Är Analys iwwert d'Gravitéit vun deem Phänomeen Mobbing, deem effektiv, do wou e sech weist, vill Leit a ganz schwiereg Situatiounen bréngt, déi och herno bis souguer heiansdo zum Suicide oder zumindest enger Tentative de suicide kënnen goen. Mir sollen also dee Problem ganz seriö huelen, dee präsent ass an der Aarbechtswelt, an net nëmmen an der Aarbechtswelt. Et gëtt och aner Situatiounen, wou et Mobbing gëtt. Mir hate schonn eng Diskussioun hei virun enger Zäiten an der Chamber doriwwer: Zum Beispill an de Schoulen, am Schoulmilieu gëtt et dat och.

Ech wëll awer elo ganz schnell op Är prezis Froe kommen. Déi éischt Fro ass déi vun der Quantifikatioun. Bon, dat ass ëmmer ganz schwéier ze soen: Et gëtt esou vill Fäll, wou e Mobbing ass. Wann ech d'ITM froen - dat hunn ech näamlech gemaach -, da soen déi mer: „Mir hate säit dem 1. Abrëll 2015 376 Ufroen iwwert de Mobbing“, Ufroen iwwert de Mobbing, wou d'Leit sech bei der ITM beschwéieren a froen, wat hir Moyene wieren am Fall vun engem Mobbing. 42 Fäll si méi konkret ginn an do ass wierklech eng Plainte gemaach ginn, déi dann och eng Interventioun vun der ITM mat sech zitt.

Donieft hu mer eng Asbl, déi heescht „Mobbing asbl“, déi ech och als Ministère ënnerstëtzen an och där hir Moyenen ech souguer eropgesat hu vu Joer zu Joer, well ech fannen, datt déi Asbl eng gutt Aarbecht mécht. Besonnesch ass se déi eenzeg, déi eigentlech sech ganz mat deem Problem do ausenansetzt. Déi schwätze mer vu grosso modo 1.700 Fäll, mat deene si beträff sinn, respektiv, wa se d'Joer 2015 huelen, nei Fäll, nei Dossieren, déi opgaange sinn, da komme se op 133. Bon, dat sinn also d'Zuelen.

Elo gëtt et eng Etüd, déi Der doudsécher kennt, dat ass d'Etüd vun der Chambre des Salariés, déi ganz gutt ass, déi zesumme gemaach gëtt mat der Uni Lëtzebuerg. An déi hunn och am Mäerz 2016 hei iwwer „Better Work“ eng Publikatioun gemaach nëmmen iwwert den Harcèlement moral au travail au Luxembourg.

(M. le Ministre Nicolas Schmit montre une publication.)

Dat sinn Etüden, déi ginn op Basis vu Sondägemach, déi awer, wéi gesot, mat der Uni Lëtzebuerg zesumme gemaach ginn, an déi kommen op ganz aner Chifferen: Déi gesinn, datt am Joer 2015 praktesch 13,8 Prozent vun de Leit, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen, iergendwéi sech gemobbt gefillt hunn.

An do fänke mer un, an dee schwieregen Domän ze kommen, well Mobbing, dat ass eng Saach, déi objektiv ass. Sécher, et gëtt Situatiounen, déi ganz objektiv sinn, mä et gëtt natierlech och ganz einfach déi Situatioun, datt ee sech gemobbt fillt. An dat mécht jo d'Saach net méi einfach, besonnesch dann, wa mer elo e Schrack weider ginn an dat eventuell virun e Gericht bréngen. Wann ech also déi Donnéeën vun der CSL als Basis huelen, da misste grosso modo 40.000 Leit hei zu Lëtzebuerg am Joer 2015 iergendwéi de près ou de loin sech gemobbt gespuert hunn.

D'Ursaachen, Dir kënnt dat jo do noliessen, dat sinn zum Beispill: Déi Leit kréien eng Missioun, déi eigentlech op hirer Aarbechtsplaz kee Sënn mécht. Dat empfangen d'Leit als e Mobbing. 8,2% vun de Mobbingfäll wieren dorop hinzeféieren, datt een eng Missioun kritt, déi kee Sënn mécht. Oder et gëtt een op senger Aarbechtsplaz vëlleeg ignoréiert, wat och e ganz wichtegt Element ass, datt een einfach d'Reconnaissance, déi ganz wichteg ass, d'Unerkennung, d'Unerkennung op der Aarbechtsplaz, datt een déi do net fënn, empfënn een als Mobbing.

Bon, elo kommen ech op Fraen a Männer, just fir e puer Detailler ze ginn: ongeféier gläich. Et ass net esou, datt méi Fraen oder méi Männer géife gemobbt ginn. Et ass à peu près, no där Etüd, gläich. Déi Jonk gi méi gemobbt wéi déi Eeler. Déi Jonk, déi nach net laang am Betrib sinn, gi méi gemobbt wéi déi, déi scho laang am Betrib sinn. An deene klengen Entreprisë gëtt anscheinend méi gemobbt wéi a méi groussen Entreprises.

Bon, an deenen Entreprises, wou eng Politik besteet, fir d'Leit ze sensibiliséieren - an dat äntwert eigentlech och schonn op eng aner Fro, déi Der mer gestallt hutt -, ass de Mobbing méi niddreg. Dat heescht, an engger Enterprise, déi d'Leit zum Beispill iwwer hir Gesondheet sensibiliséiert oder kuckt, datt se effektiv net dauernd

am totale Stress sinn, do ass och de Mobbing manner héich. Bon, wat och ëmmer weist, datt an deene Betriber, wou d'Aarbechtskonditiounen besser sinn, do ass et esou, datt och de Mobbing manner développéiert ass.

De Coût ass ganz schwéier auszemaachen. Do géif ech mech da just kënnen op eng Donnée referéieren, dat ass e Calcul, deem d'„Mobbing asbl“ gemaach huet, qui vaut ce qu'il vaut. Ech kann net soen, datt dat elo..., dat ass eng Estimatioun, déi kënnt op à peu près 100 Milliounen. Firwat kënnt se op 100 Milliounen? Well se rechent, wéi vill Deeg eigentlech duerch de Mobbing duerch Absencé verluer ginn. An an der Moyenne sinn dat 6,7 Wochen!

Mir schwätzen also net vun Deeg, mir schwätzen a Wochen. Dat heescht, wa wierklech eng seriö Situatioun vu Mobbing ass - an ech géif soen, déi „Mobbing asbl“ kritt nëmmen déi, déi kritt net déi Leit, déi soen: „Dee mobbt mech, mä u sech iwwerliewen ech dat“ -, da si mer an der Moyenne bei 6,7 Wochen. An dat mécht, wann een dat héichrechent mam Loun, reng wat et kascht als Absenteismus, ëm déi oder souguer e bësse méi wéi 100 Milliounen. Domat ass awer elo net ausgerechent, wat dat heescht fir d'Sécurité sociale, Dokter an esou weider an esou fort.

Nun, jo, d'Moyens légaux: Ech mengen, et ass elo un der Zäit, e Gesetz ze maachen. Vill Länner hunn e Gesetz. D'Belsch hunn e Gesetz, d'Fransousen hunn e Gesetz. Bei ons ass e Vide eigentlech, e Vide juridique. Sécher, et kritt ee gesot: „Neen, am Artikel... vum Code civil, do kann een...“, ech weess elo net méi den Artikel, 1314, wann ech mech gutt erënneren, „do kann een och de Mobbing mathuelen.“ Mä mir hunn eng Jurisprudenz, déi kloer mécht, datt eigentlech d'Gerichter sech do awer ganz virsiichteg weisen. A souguer an enger Jurisprudenz, do gëtt kloer gesot, datt mer eigentlech keng Base légale hunn, kee Gesetz hunn, dat de Mobbing kloer definéiert, a wou doduerch dann och kënnen Peinë gesprach ginn oder Sanktiounen gesprach ginn. Duerfir mengen ech schonn, datt et wichteg ass, esou e Gesetz ze maachen.

Laang ass gesot ginn - an dat explizéiert och, firwat vläicht dat gedauert huet - vun deenen engen oder deenen aneren: „Bon, mir hu jo deen Accord zwësche Sozialpartner. An duerfir brauche mer net onbedéngt nach e Gesetz, well d'Sozialpartner sollen dat ënner sech ausmaachen.“ Deen Accord ass och an der Rei, deem ass och souguer d'obligation générale deklaréiert. Mä deen Accord, dee seet, wéi ee soll de Mobbing verhënneren, wéi ee Preventioun soll maachen, wat ee soll maachen dann, wann eng Situation concrète vu Mobbing sech weist. Mä e gëtt eigentlech net deemjéinegen, dee wierklech gemobbt gëtt, eng Handhab, viru Gericht dat ze plädéieren an och dann eventuell juristesche Konsequenzen kënnen doraus ze zéien.

Mir hunn e wichtege Punkt, dat ass effektiv d'Charge de la preuve. Bon, déi Proposition de loi, déi Dir jo elo iwwerholl hutt, déi gesäit eng Charge partagée vir, esou wéi mer déi och hu beim Harcèlement sexuel a bei der Discrimination, an Diskriminationsgesetz. Ech mengen, dat ass och déi eenzeg Approche, déi een hei kéint hunn: datt deem, dee gemobbt ass, natierlech muss beweisen, datt e gemobbt ass, mä datt deem, deem dat contestéiert, och muss beweisen, datt dat net de Fall ass, also e gewëssenen Équilibre, wat d'Charge de la preuve ubelaangt.

Wichteg ass, an do ginn ech lech vollkomme recht: Och mat engem Gesetz wäerte mer de Mobbing net aus der Welt schafen. Mir müssen also derfir suergen - an do kënnt et natierlech un d'Sozialpartner, e wichtege Rôle ze spillen -, datt eben déi Sensibilisatioun, vun där ech viru geschwat hunn, méi aktiv an de Betriber gemaach gëtt, datt och e gewëssent Verständnis ass, wann esou Situatiounen komme vu Mobbing, datt een net seet: „Oh, wat stells Du Der do vir?“, an esou weider, mä datt een op déi Problemer ageet. Well schlëmm Ursaachen, schlëmm Mobbinge kënnen natierlech och e Betribsklima komplett vergëften, oder zumindest an engem Service d'Situatioun komplett vergëften. Et ass also net nëmmen schlëmm fir déi Leit, déi gemobbt ginn, mä et ass eigentlech och net gutt fir dat generell Betribsklima.

An duerfir, wann een esou e Gesetz mécht - an ech hunn et versprach elo definitiv, datt mer dat d'nächst Joer op Basis vun där Proposition de loi maachen, nodeem ech dann nach eemol mat de Sozialpartner doriwwer schwätzen -, da musse mer och hannendrun e Plan d'action maachen, fir d'Sozialpartner besonnesch ze sensibiliséieren, fir datt eben déi Situatiounen esou wäit wéi méiglech évitéiert ginn.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och. Ech ginn dovun aus, dass domat d'Fro evaküiert ass?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou. A mir géifen zum nächste Projet iwwergoen, de Projet de loi 6831 iwwert d'Schafung vun engem juristeschen Kader fir Gesellschaften mat sozialem Impakt. An d'Wuert huet direkt de Rapporteur, den Här Georges Engel.

4. 6831 - Projet de loi portant création des sociétés d'impact sociétal et modifiant

a) la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises,

b) la loi modifiée du 4 décembre 1967 concernant l'impôt sur le revenu,

c) la loi modifiée du 1^{er} décembre 1936 concernant l'impôt commercial communal et

d) la loi modifiée du 16 octobre 1934 relative à l'impôt sur la fortune

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

► **M. Georges Engel** (*LSAP*), *rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et geet hei ëm, wéi de President et gesot huet, d'Sociétés d'impact sociétal. An et handelt sech hei ëm en Deel vun der Ekonomie, d'Ekonomie sociale et solidaire. A fir déi ze definéieren, géif ech emol Folgendes soen: de Secteur, deem als éischt Zil net de Profit huet, mä e sozialen...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann ech gelift!

► **M. Georges Engel** (*LSAP*), *rapporteur*.- ...oder gesellschaftleche Projet. Et ass also en Ëmdeken an deem, wat mer bis elo haten, fir Sociéitéten ze grënnen. Et ass net déi übblech Sociéitéit, fir maximale Profit erauszézéien, mä et ass eng Variant vu Sociéitéit, déi et bei eis an eiem Lëtzeburger Recht bis elo net ginn ass. An et ass u sech eng ganz staark Innovatioun an der lëtzeburgergescher juristescher Landschaft. Si betrëfft e wichtege Deel vun eiser Wirtschaft, deem ëmmer méi zouhëlt an deem och ëmmer méi ënnerstëtzt muss ginn.

Enger Statec-Etüd no schaffen am Joer 2011 - leider ginn et keng méi rezent Zuelen - 25.000 Leit an deem dote Wirtschaftsberäich, wann een dat esou kann nennen. Mir hunn do eng Verduebelung gehat an deene leschten eelef Joer, eng Verduebelung vun deenen Aarbechtsplazen, wat awer ganz enorm vill ass.

Vill Initiativen goufen et, ginn et och fir den Emploi a fir de Réemploi. Mat deem Gesetz hei gi se natierlech net alleguer ersat. Schwéier Vermittelbarer bleiwen och oft schwéier vermëttelbar an déi brauchen och en aneren Encadrement a brauchen och spezifesch Formatiounen. Et ass net, datt dat heizen alles elo ratzekal ewechmécht, wat et bis elo ginn ass, mä et ass eben, wéi gesot, eng nei Form vu Sociéitéit.

Déi meescht Entreprises aus deem Secteur hei, dat sinn Asblen, ee Statut, deem u sech net adaptéiert ass fir dës Zort vun Aarbecht an deem och eng Rei vu Problemer mat sech bréngt. D'Asblen hunn näamlech Problemer, fir eng Autorisation d'établissement ze kréien, wat da bei verschiddenen Aktivitéiten och eng juristesche Onsécherheet mat sech bréngt.

En anere Problem ass, datt Asblen net kënnen un Ausschreiwungen deel huelen, wat schued ass. Well besonnesch zanter zwou neien Direktiven, den Direktiven 2014/23 an 2014/24, gëtt et u sech eigentlech erlaabt, fir och sozial an ekologesch Kritäre bei Ausschreiwungen ze berücksichtegen an och verschidden Ausschreiwungen méi spezifesch fir sozial Entreprises oder äänlech Strukturen ze reservéieren.

D'Zil vun dësem Projet ass et dofir, fir en eegene Statut fir dës Entreprises ze schafen, e Statut, deem hirem Objet, hirer Funktionsweis Rechnung dréit, also eng „Société d'impact sociétal“, kuerz och „SIS“ genannt. De Statut vun enger SIS ass reservéiert fir Personnes morales de droit privé, déi sech a Forme vu Sociéitéten kënnen erëmfannen, wéi enger SA, enger Sàrl - enger Société à responsabilité limitée - oder enger Société coopérative.

Et waren och nach d'Société européenne oder d'Société en commandite par actions ugeduecht, déi awer u sech et schwéier hunn, fir an déi streng Kritäre vun enger SIS dranzefalen. Gradesou wéi d'Société à responsabilité limitée simplifiée, déi och hei net zréckbehalen ginn ass, well déi och net kompatibel ass oder ganz schwéier kompatibel ass mat de strikten Obligatiounen vun enger SIS.



Déi Sociéitéen, déi dann de Statut vun der SIS kritt hunn, déi ginn am Mémorial B publizéiert, gradesou wéi och déi, déi de Statut haten an en oferkannt kritt hunn, well se d'Konditiounen net méi erfëllen.

Ee wichtegen, ganz wichtege Kritär an där Sociétéit, an där SIS ass, datt se d'Transparenz spille léisst, virun allem bei der Prozedur och, fir den Agrément ze kréien an awer och herno am Funktionement.

Wat sinn dann d'Obligationen, fir als SIS unerkannt ze ginn a kënnen ze funktionéieren? D'State vun enger SIS mussen den Objet social definéieren, grad wéi d'Method, wéi d'Bienen oder d'Servicer produzéiert, verdeelt oder getosch ginn, dat alles, fir den Objet social a Musek ëmzesetzen. Do weess ech, vu wat ech schwätzen.

An der Praxis heescht dat entweder eng Aktivitéit, mat där Mënschen an enger Situation de fragilitét ënnerstëtzt ginn, oder awer eng Aktivitéit, déi hëlleft, dat soziaalt a gesellschaftlecht Netz ze entwëckelen, Exklusiounen oder Inegalitéiten ze bekämpfen, oder awer Aktivitéiten, déi hëllefen, déi territorial Kohäsion ze stäerken. Och Aktivitéiten am Ëmweltschutz sinn hei ugeduecht, kulturell oder kreativ Aktivitéiten, gradesou wéi Aktivitéiten am Beräich vun der Formatioun oder der Formation continue.

Dir gesitt also, hei ass e ganz breet gefächerten Domän, mä alles sinn et Aktivitéiten, déi fir eng nohalteg Entwëcklung an eiser Gesellschaft stinn, woubäi den Term vun der Nohaltegkeet sech hei net nëmmen op déi vun der Ëmwelt bezitt, mä op en nohaltege gesellschaftlechen Zesummenhang sech bezitt, wat den Term vun der Nohaltegkeet u sech jo och beinhalt.

Da muss de Kritär vun der beschränkter Lukratitivitéit respektéiert ginn. Dat heescht, datt eben net de Profitt dat éischt Zil ass. Déi nei Sociétés d'impact sociétal musse minimum 50% „parts d'impact“ hunn. Et ginn nämlech an där Sociétéit Parts d'impact an „parts de rendement“. 50% musse Parts d'impact sinn, minimum. Et kënnen och 100% Parts d'impact sinn, dat heescht Parten, déi fir de Besëtzer kee Benefiss ofwerfen. De Profitt gëtt nees ganz an den Objet vun där Société d'impact sociétal reinvestéiert.

Fir d'SISe mat 100% Parts d'impact ginn et iwwerdeems extra fiskal Bestëmmungen. D'Done fir déi 100%eg SISe sinn integral steierlech ofsetzbar. Si brauche keng Gewerbe-, keng Kollektivitéits- a keng Verméigenssteuer ze bezuelen.

All Sociétéit gëtt sech eegen Indicateurs de performance an hire Statuten. Do ginn et Grillen, déi herno ausgeschafft ginn. An et gëtt u sech esou en „level playing field“ geschafe fir alleguer déi SIsen, déi eng selwecht Aktivitéit hunn, fir datt déi och déiselwecht Indicateurs de performance als Basis emol hunn.

D'Konte vun der SIS musse vun engem agréierte Réviseur d'entreprises kontrolléiert ginn. An do dernieft muss d'SIS och all Joer e Rapport extrafinancier maachen, deem dann evaluéiert, ob an awëfern datt déi sozial a gesellschaftlech Zilsetzung konnter erfëllt ginn - e ganz wichtege Rapport, deem u sech d'Essenz vun der ganzer Sociétéit mat ausmécht.

Dës Oploe solle garantéieren, datt de sozialen a gesellschaftlechen Objet effektiv iwwert der Profittrealiséierung steet an datt awer gläichzäitig de Funktionement an d'Konten och gesond sinn. Dat ass wichteg, fir sécherzestellen, datt déi ëffentlech Hëllef, déi esou eng Sociétéit ka kréien, och do ukommen, wou se sollen ukommen, an datt keng Abuse passéieren.

Fir de Beräich vun der Économie sociale et solidaire gëtt eng Commission consultative geschafen, déi als Aufgab huet, dem Minister ze assistéieren bei der Vergab vun den Agrémenten an och bei der Surveillance vum Secteur. De Minister schléisst dann och mat deem Secteur eng oder méi Konventiounen of. No dräi Joer vum Datum vun deem Gesetz u soll eng Evaluatioun gemaach ginn, fir ze kucken, ob dann déi Uwendung och an der Praxis funktionéiert an ob et eventuell néideg Upassung muss ginn.

Dee Projet de loi hei hat eng länger Konsultatiouns- a Preparatiounsphas. Et ass en Text, dee sech un dat franséisch Gesetz uleent. Den Dépôt ass den 1. Juli 2015 vum Aarbechtsminister a vum Minister fir d'Économie sociale et solidaire gemaach ginn. Et goufen Amendements gouvernementaux am November 2015 gemaach. Eis Kommissioun, déi huet sech a sechs Sitzunge mat deem Text befaasst, huet och dunn Amendementen gemaach am September vun deem Joer.

Den Avis vum Statsrot hat sechs Oppositionformellen, well den Text net prezis genuch war, well et do och eng Source vun Insécurité juridique gi wär. An déi konnter alleguerte behuewe ginn.

Ausserdeem sollt een d'Politique de rémunération méi definéieren, wat de Statsrot a sengem Avis gesot huet. An en hat och Bedenken iwwert de maximale Salaire vu 5-mol de soziale Mindestloun. Mir hunn do en Amendement gemaach, wou mer dat op 6-mol de soziale Mindestloun gehuewen hunn, well mer gemengt hunn a well mer och dovun iwwerzeegt sinn, datt dat, 5-mol de soziale Mindestloun, kéint héich qualifizéiert Leit ofschrecken. A mir hunn eis dunn un de Salären aus der Fonction publique, vun der Carrière supérieure, orientéiert.

D'Defiskalisatioun ass just fir SIsen, déi 100% Parts d'impact hunn. De Conseil d'État hat Bedenken, well grad de Capital mixte jo kéint erméiglechen, datt d'SISe méi néidegt Kapital fir hir Aktivitéiten do kéinte kréien. D'Kommissioun ass awer bei hirem ursprénglechen Text bliwwen, wat eiser Meenung no och méi eng staark ideologesch Approche vun deem Text mat sech bréngt.

Aner Avise goufen et vun der ULESS, der Union luxembourgeoise de l'économie sociale et solidaire, déi de Projet begréisst, an d'Chambre de Commerce an d'Chambre des Métiers grad wéi de Conseil de la concurrence waren u sech och positiv, mä hu sech awer Suerge gemaach, wat déi fair Konkurrenzsituatioun ueget. Mä och do ass et kloer, datt esou eng SIS muss e Benefiss maachen, muss och funktionéieren, muss och kënnen déi Sue froen, déi se brauch, och fir sech selwer, fir kënnen ze funktionéieren. Also si mer der Meenung, datt och fir déi Konkurrenzsituatioun hei gesuergt ass. An et ass och fir eng fair Konkurrenzsituatioun gesuergt.

D'Chambre des Salariés grad wéi d'Chambre de Commerce bemierken, datt d'Asble mussen hei de Statut wiesselen, fir kënnen dee Statut vun der SIS ze kréien. Si hunn eng Suerg: datt dat muss begleet ginn. Déi Suerg, déi muss een dann och deelen.

Fir d'LSAP ass dat heiten e ganz wichtege Projet, e Beräich, deem eis ganz staark um Häerz läit. Vill Theme sinn hei ofgedeckt, déi u sech an eiser DNA stinn: sozial an nohalteg Zilsetzung, Erhale vun der Ëmwelt, Solidaritéit, Ennerstëtzung an Hilfe zur Selbsthilfe fir déi méi Schwaach, déi méi Schwaach, déi sech ëmmer méi ausgegrenzt fillen an eiser Gesellschaft; woubäi hei awer mat Sécherheet e Gesetz ass, dat an déi Richtung geet, fir méi Zesummenhalt an der Gesellschaft ze fërderen.

Et wär mat Sécherheet e Projet, deem dem John Castegnaro gutt gefall hätt, deem an deem Beräich grouss Meritter huet an hei sécherlech och Pionéieraarbecht geleescht huet.

Ech wéilt e grouse Merci soen un allegueren déi Leit, déi un deem Projet matgeschafft hunn, déi aus deem Projet menger Meenung no e ganz gudder Projet gemaach hunn. An ech wéilt och deene villen engagéierte Leit um Terrain Merci soe fir hiren Asaz fir eng besser a méi gerecht Gesellschaft.

An domadder ginn ech och den Accord vun der LSAP-Fraktioun an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Rapporteur. An éischten ageschriwwene Riedner ass den Här Aly Kaes fir d'CSV.

Discussion générale

► **M. Aly Kaes (CSV).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen haut de Mëtten e Gesetzesprojet iwwert den drëtte Wirtschaftszweig, e Gesetzesprojet, wou sech, jo, dat chrëschtlecht Mënschebild, fir dat d'CSV steet, ouni Zweifel ermëfent, e Gesetzesprojet, fir dat schonn an der viregter Regierung eigentlech d'Weichestellung geluecht goufen: Zum engen hat d'CSV/LSAP-Regierung bei hirer Regierungsbildung 2009 den Här Romain Schneider zum delegéierte Minister fir diesen drëtte Wirtschaftszweig genannt. An de fréieren CSV-Justizminister François Biltgen huet 2010 déi grouss Zich vun där, wéi hie se genannt huet, „société à vocation sociale“ presentéiert.

Dat wëllt awer net heeschen - an ech wëll hei och net falsch verstane ginn -, dass d'Sozial- an d'Solidarwirtschaft eng Erfindung vun desen zwou Parteie wier. Neen, et ass vill méi e gesellschaftleche Fait, dee sech iwwer, jo, déi lescht Joren, Jorzęngten, Jorhonnerten entwëckelt huet. An ech si mer sécher, dass desen drëtte Wirtschaftspilier sech och an Zukunft wäert widerentwëckelen a Solutiounen wäert am Intérêt vun Bierger proposéieren.

D'CSV steet nach ëmmer zu hirem Engagement vun deemools, fir deem wichtege Secteur e méi séchere legale Kader ze ofréieren. Dëse Secteur huet nämlech net onwiesentlech dozou bäigedroen, dass zum Beispill och den Taux d'emploi vun de Fraen an d'Luucht gaangen ass. Dëse Wirtschaftspilier ass och mat

verantwortlech, dass de Chômagetaux sech net weider substanzéiert no uewen entwëckelt.

Laang Zäit goufen d'Sozial- an d'Solidarwirtschaft als zwee Deelberäicher vun engem Ganzen duergestallt. D'Sozialwirtschaft wier u sech do, fir déi Leit, déi aus welche Grënn och ëmmer méi wäit vum normalen Aarbechtsmaart ewech sinn, nees an Aarbecht ze bréngen. Dat heescht, de Core Business ganz einfach vun de Beschäftigungsinitiativen, déi an den 90er Joren, mä och scho virdru, gegrenzt goufen. An an der Solidarwirtschaft géif et drëm goen, jo, der Gesellschaft Gidder an Dénsgschleeschungen zoukommen ze loosse, déi vun de klassesche Wirtschaftsakteuren als net oder weineg rentabel empfonnt ginn.

Mir wëssen awer, dass ganz vill Entreprises aus deem Secteur béid Deelberäicher bei sech verëenegen. E Beispill eben: D'Beschäftigungsinitiative versichen, Demandeurs d'emploi nees fit ze maache fir den Aarbechtsmaart. A si versichen awer och, de Leit eng ganz Rei allgemeng Dénsgschleeschungen zoukommen ze loosse, déi hinne vun ordinären ekonomeschen Akteure verwierft bleiwen oder zum groussen Deel verwierft bleiwen.

Här Preident, bis dato, an de Rapporteur huet et gesot, hunn d'Entreprises aus der Sozial- a Solidarwirtschaft sech ënnert der Form vun enger Asbl gegrenzt. Dat wëllt ganz einfach awer net heeschen, dass hiert Uleies doranner bestanen hätt, den Undeelseegner e maximale Profitt ze verdeelen, bien au contraire, et goug ganz einfach ëm déi Aufgabe primordial, déi ech virdru schonn opgezielt hunn.

Duerch hir Aktivitéiten hu si leider awer um Bord, an dat ass eben haut nach esou, um Bord vun der Legalitéit geschafft. Mir begreissen et duerfir ausdrécklech, dass des Entreprises an Zukunft méi Rechtssécherheet kréien.

Här President, ech wëll net méi op all Detailer vum Gesetzesprojet agoen, den Här Rapporteur huet dat jo ganz grëndlech a sengem schrëftlechen a mëndleche Rapport gemaach, woufir ech him och hei géif e ganz grouse Merci soen. Ech wëll awer trotzdem op e puer Aspekter agoen, déi mer schonns zum Deel och an der Kommissioun diskutéiert hunn.

Éischte Punkt - ech hunn et jo scho gesot -, vill Akteuren aus deem drëtte Wirtschaftszweig goufen als Asbl gegrenzt. Mat dem Gesetzesprojet, deem hei virläit, ginn des Asblen eigentlech agelueden, sech opzeléien an hiert Verméigen un eng nei Gesellschaft, SIS, déi se grënne mussen, ze iwwerdreen.

Mir waren a sinn nach ëmmer der Meenung, dass een den Akteuren hätt kënnen op verschiddene Punkten entgéintkommen, andeems een am Gesetz d'Méiglechkeet virgesinn hätt vun enger direkter Transformatioun an net, wéi et elo ugeduecht ass, dass eng Asbl sech opléist an u sech hiert Verméigen, hir Avoiren dann op eng nei gegrennten SIS iwwerdreit. Dat hätt mat sech bruecht, dass déi juristesche Persoun riicht virubestanen hätt. De Responsabele vun de betreffenen Asble wier doduerch den Iwwergang op déi nei Gesellschaftsform vereinfacht ginn.

Mir kruten u sech an der Kommissioun ëmmer nees gesot, dat wier net méiglech. Ech stellen awer fest, dass et an der Belsch méiglech ass, dat heescht, och do esou fonctionnéiert! D'Artikelen 688 an esou weider vun Gesellschaftskodex an der Belsch gesinn dëst ausdrécklech vir a verweisen doriwwer eraus op hiert Asbl-Gesetz. Do heescht et:

«L'association peut se transformer en une des formes de sociétés énumérées à l'article 2 des lois sur les sociétés commerciales (...), pour autant qu'il s'agisse d'une société à finalité sociale conformément à l'article 164bis des mêmes lois.

Cette transformation n'entraîne aucun changement dans la personnalité juridique de l'association qui subsiste sous sa nouvelle forme.»

Firwat hu mir et u sech den Akteuren aus der Sozial- a Solidarwirtschaft net méi einfach wëlle maachen? Bon, den Här Minister ka jo vläicht herno hei op der Tribün säi Choix an deem heite Punkt nach eng Kéier presentéieren.

Doriwwer eraus stelle sech och natierlech nach eng Rei steierlech a kontabel Froen am Kontext vum Transfert vum Verméige vun enger besteeënder Asbl op eng zukünfteg SIS. Och hei wiere mer frou, wann den Här Minister eis nach eng Kéier dodoriwwer d'Detailer géif erklären.

Zweete Punkt: Fir eventuellen Abuse vum Secteur virzebeugen, goufe jo am Gesetzesprojet eng Partie - et ass virdru schonn ugeschwat ginn - Kontrollmechanismen agefouert: Indicateurs de performance, Contrôle vum Réviseur, Bestëmmungen zu der Besoldungspolitik an esou weider. Mat all deenen Indicateure si mir natierlech als CSV averstanen, dat wëll ech ganz kloer hei soen.

Déi wichtegst Kontrollinstanz ass awer ganz kloer an eisen Aen den Aarbechtsminister. Hien ass do fir d'Iwwerwachung vun de Gesellschaften aus deem Secteur an hien décidéiert a leschter Instanz, ob eng Gesellschaft en Agrément kritt oder och, ob déi Gesellschaft deem Agrément an der Zukunft behält.

(**M. Henri Kox prend la présidence.**)

Fir dem Minister seng Tâche ze erliichten, soll jo enger neier Kommissioun eng konsultativ Roll zoukommen. Wat d'Zesummesetzung awer vun deser Kommissioun ubelaangt, sou gëtt et nach e gewëssene Flou heiriwwer. Vläch kann den Här Minister eis do méi prezis soen, wéi vill Memberen an des Kommissioun solle kommen a wéi des Kommissioun sech da wäert zesummesetzen. Well et ass jo esou, dass, soubal dëst Gesetz a Kraaft ass, u sech dann och wäerten déi éischt Dossiere kommen an dann déi Kommissioun muss fonctionnéieren an hir Aarbecht ophuelen.

Drëtte Punkt: Et stelle sech fir eis awer och nach eng Rei, jo, eng Rei Froen a Saache Besteuerung. Et ass jo esou, an dat ass och virdru scho gesot ginn, dass d'SIsen, déi zu 100% Impaktparten ausginn, dat heescht Parten, déi keen Urecht ginn op eventuell Dividenden, keng Kierperschaftssteuer brauchen ze bezuelen. Mir hunn also Handelsgesellschaften, déi, well se eng sozial Finalitéit hunn zu 100% a sech dat och an hirem Kapital erëm pigelt, keng Kierperschaftssteuer brauchen ze bezuelen. Dat heescht, obwuel des Gesellschaft kommerziell Aktivitéiten ausübt, bezilt de Beibrib keng esou eng Steuer.

Op där anerer Säit hu mer awer Asblen, déi d'Kritäre vun der SIS net erfëllen, ech huelen zum Beispill Fussballveräiner, Musekgesellschaften a vill anerer, déi awer Kierperschaftssteiere bezuele mussen, wa se da punktuell kommerziell Aktivitéiten ausüben. Eis leien nämlech Fäll vir, wou d'Steierverwaltung esou Asble scho bal néidegt, fir hir Steuererklärungen ze maachen, an anere Wieder, fir hir Kierperschaftssteuer an aner Steieren ze bezuelen.

Ech wéilt duerfir de Minister froen, ob d'Regierung sech Gedanke gemaach huet, wéi een och des wichteg Akteure vun eise Sozialiewen net am Ree stoe léisst. Vläch kann och hei den Här Minister e puer Wuert driwwer verléieren.

(**M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.**)

Véierte Punkt: Verschidde Beruffschamberen, dat ass scho gesot ginn, begreissen zwar prinzipiell dese Gesetzesprojet, si fäerten awer, dass d'SIsen an Zukunft kéinten direkt a Konkurrenz mat hire Memberen tueden an duerch déi ëffentlech Finanzéierung, déi se jo bekanntlech genëssen, eng deloyal Konkurrenz bedriewen. Sollt dëst de Fall sinn, da si mer der Meenung, dass dat an der Bestandsopnam, déi jo laut Gesetzesprojet spéitstens no dräi Joer gemaach gëtt, och soll diskutéiert ginn, an dat och am Zesummenhang mat den zukünftige Bestëmmungen betreffend eventuell Ausschreibungen.

Här President, an enger Gesellschaft, wou déi materiell Wäerter enorm wichteg sinn, mä wou am gläichen Zäitraum d'Ausgrenzung, d'Marginalisatioun, jo, d'Inegalitéiten am grouse Ganzen zouhuelen oder awer zumindest net ofhuelen, ass et un der Politik, e Mouvement ze ënnerstëtzen, dee Léisunge bréngt fir eng méi gerecht, inklusiv Gesellschaft am Sënn vu méi sozialer Kohäsion.

Ech ginn duerfir heimadder ganz gären den Accord vun der CSV-Fraktioun zu deem Gesetzesprojet a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Kaes. An nächste Riedner ass den Här André Bauler fir d'DP.

► **M. André Bauler (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass am Fong geholl ganz schéin - den Här Kaes hat op den „C“ a senger Partei higewisen -, et ass am Fong geholl ganz schéin, datt mer dese Projet och dëst Joer stëmmen, an engem Joer, wou déi kathoulesch Sozialléier 125 Joer feiert,...

(**Exclamations**)

...eng Léier, déi natierlech déi Sozialekonomie an de Mëttelpunkt stellt. Mä loosse mer dat awer net vergiessen, si stellt och de liberale Gedanken an de Mëttelpunkt, nämlech d'Eegeninitiativ, d'Eegeninitiativ an och d'Propriétéit vun deem Eenzelnen, déi wichteg ass, fir datt den eenzelne Mënsch sech entwëckele kann, eng Propriétéit, déi ëmmer och zur Verantwortung unhält an u si appelléiert.



Dat gesot, wollt ech lech elo schonn am Viraussoen, datt ech net ze laang wäert schwätzen. Déi sozial a solidaresch Wirtschaft ass zurzäit aus administrativer Siicht zum groussen Deel, wéi et och virdu schonn ugeklongen ass, d'Affär vun de Vereenegungen ouni Gewënnzweck. Dee ganze soziale Secteur ass effektiv duerchwuess vun Asblen, sief et am karitative Beräich, am Beräich vun de Crêchen, de Maison-relaisen oder eben och bei den Aarbechtsinitiativen.

Gleeft een offiziellen Zuelen, an déi sinn och am Rapport vum Här Engel nozeliesen, sou hunn dann dräi Véierels vun de soziale Betriber hei zu Land de Statut vun enger Asbl. Gleeft een dann och nach gären dem Statec, sou gëtt et zurzäit eppes méi wéi 1.000 Betriber am soziale Secteur. An hinne wiere mëttlerweil da bal 28.000 Salariëe beschäftegt.

Ech wëll drun erënneren, datt mir als Demokratesch Partei et ni gär gesinn hunn, datt dee Secteur, besonnesch dee vun den Aarbechtsinitiativen, déi jo och Wueren a Servicer produzéieren, vu Vereenegungen ouni Gewënnzweck verwalt gëtt. Mir waren éischter der Meenung, et sollt ee se op eng ganz aner juristesche Basis stellen oder et sollt een och esou eng Basis sichen, déi eben dann och, wéi et am Rapport steet, fir méi Sécherheet suergt, an domat enger Struktur, déi dach awer méi enger Firma gläicht wéi engem Veräin, méi Solidaritéit soll ginn, spréch se op manner wackleg Féiss soll stellen.

D'Beschäftigungsinitiative verfüge jo iwwer effentlech Gelder, a si schaffe mat ville Leit, déi se och am éischten Aarbechtsmaartustellen, zemoos wann een eben un dat Personal denkt, dat d'Demandeurs d'emploi encadréiert a forméiere soll. Dës Sue vun enger Asbl verwalten ze loosse, war an ass sécherlech net, dat wësse mer alleguer heibannen, déi ideal Léisung.

Et handelt sech jo eigentlech ëm regelrecht Betriber, déi och dofir misste wéi eng richtig Entreprise opgestallt sinn, denke mer u Begrëffer wéi d'Analyse comptable oder u Froe ronderëm d'Kapitalisatioun. Dat ännert dann elo mat deem Gesetzesprojet, deem d'SIS aféiere wäert, eng nei Form vun Handelsgesellschaft, déi sech awer doduerjer ënnerscheet, datt si soziale Kritären ënnerläit an hiert Kapital och dann deementsprechend zesummegestallt ass.

Eis als Demokratesch Partei ass et wichteg, datt d'Situatioun vun de soziale Betriber verbessert gëtt, spréch juristesche besser wéi bis ewell encadréiert gëtt. Zu Recht huet den Direkter vun der Handwierkerkummer Tom Wirion drop higewisen, dat an engem Sträitgespräch, wat en hei mat dem Här Engel hat, datt dës Asblen an engem zimlech floue juristesche Kontext schaffen an datt et eng Noutwendegkeet gëtt, an deem Zesammenhang ze handelen.

Do, wou d'Handwierkerkummer sech awer skeptesch gewisen huet, datt ass virun allem, datt d'SIS vu Steiere befreit ginn, wann hiert Kapital zu 100% aus Parts d'impact besteet. Do fäert d'Handwierkerkummer äänlech wéi de Konkurrenzrot, dee sech zimlech skeptesch weist, datt et zu Verzerrungen am konkurrenzzielle Spill kéint kommen.

Den Direkter vun der Chambre des Métiers betount, datt etlech sozial Betriber déiselwecht Déngschtleeschungen a Produkter ubidden, déi och artisanal Firmen zum Beispill offréieren. Doduerjer géif et e grouse Risiko, jo, e seriöse Risiko vu Konkurrenzverzerrung ginn. Den Direkter vun der Handwierkerkummer ass der Meenung gewiescht, datt een am Agrément déi Aktivitéiten aschreiw muss, déi d'SISen ausübe wëllen, an datt dës Aktivitéiten net an der traditioneller Wirtschaft ausgeübt ginn. Et freet ee sech natierlech, a wat fir engem Mooss d'Chambre des Métiers an hiren Direkter hei recht hunn.

Et gëtt jo awer mëttlerweil och Betriber, déi mat den Iniativen zesummeschaffen, gutt zesummeschaffen, a vun hinnen Aarbechte maache loosse, déi si net selwer kënnen oder wëlle maachen. Ech denken do un Initiative wéi zum Beispill de Forum pour l'emploi, dee mat Betriber zesummeschafft an Aarbechten duerschféiert, op déi net onbedéngt all Betrib spréngt, zum Beispill wann en Haus muss gebotzt, sanéiert, geraumt ginn an am Fong geholl an deem Kontext wichteg Viraarbechte musse gelescht sinn, ier een anere Betrib, deem aneschtens opgestallt ass, da mat den Aarbechten, de Sanéierungs- oder Renovatiounsarbechte ka weiterdueren.

Mir denken och, datt deen Agrément ëmmer soll gebonne sinn un Aktivitéiten, déi complémentaire si par rapport zu deenen, déi vun traditionelle Betriber ofgedeckt ginn. Mir erspue-

ren eis dann nei Diskussiounen iwwert d'Konkurrenz téscht der Solidarwirtschaft, der solidarescher Wirtschaft an de klassesche Betriber. Nëmmen esou kann een effektiv vermeiden, datt aner Betriber, déi sech beméien, fir Leit aus de Beschäftigungsinitiativen eriwuerzewuelen, fir se da bei sech ze engagéieren, dat heescht am éischten Aarbechtsmaart, datt dës Betriber konkurrenzéiert ginn.

Wichteg ass, datt den Agrément gebonnen ass un d'Erfüllung vu sozialen Ziler an datt de Minister an deem Sënn d'SIS iwwerwaacht. Vill méi wichteg ass awer, datt déi Asblen, déi hei a Fro kommen, fir an eng nei Gesellschaftsform eriwuerzeswitchen, wann een dat esou soe kann, datt dës Strukturen e méi séchere juristesche Statut wéi d'Asbl kréien an datt se virun allem iwwert dës Wee eng méi grouss Akzeptanz a Visibilitéit an der Gesellschaft kréien.

Den Här Minister kann eis jo an deem Kontext nach eng Rei Prezisiounen ginn - den Aly Kaes war virdu drop agaangen -, vläicht och unhand vun e puer konkrete Beispiller, a kann eis eventuell och dann nach soen, wéi de Passage vun der Asbl zu der SIS organiséiert ka ginn.

Ofschléissend wëll ech dann dem Kolleeg Georges Engel, dem Rapporteur, félicitéieren fir säin detailléierte Bericht an dann och den Accord vu menger Fraktioun, der Fraktioun vun der Demokratescher Partei, ginn.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci dem Här Bauler. An den Här Anzia ass scho prett.

► **M. Gérard Anzia (déi gréng).** - Merci, Här President. Fir mech ass et eng grouss Freed, fir haut fir déi gréng duerfen dës Projet de loi „Siss“, SIS oder Société d'impact sociétal hei virstellen. E grouse Merci un de Rapporteur! Dat huet ausser an der Kommissioun Spaass ze maachen, och Spaass gemaach, fir dem Rapport nozelauschten. E Merci och un de Minister Nicolas Schmit, deen den Dépôt vun deem innovativen Projet de loi gemaach huet 2015. An ech huelen e bësse méi wäit aus, ier ech awer an d'Diskussioun vum Projet de loi kommen.

Et ass e wichtige Projet de loi an den Ae vun deene Gréngen, wichteg fir e Secteur, deen eis um Häerz läit, fir de soziale Secteur, sief et elo an der Betreuer vu Jonk an Al, an der Ausoder Weiterbildung vu Jonken a Leit am Chômage, sief et awer och an der Betreuer, an der Schafung vun Aarbechtsplaze fir Leit mat engem Handicap, wéi ëmmer deen och geartet ass.

Eiser Meenung no ass et en innovativen Projet. Deen ass jo och vu laanger Hand virbereet an ass zesumme mat Leit aus dem Secteur, mat der ULESS ausgeschafft ginn, an dat scho säit 2013. D'ULESS ass d'Union luxembourgeoise de l'économie sociale et solidaire. Op déi ginn ech nach eng kéier e bësse méi spéit an.

Et war och, an dat ass e bësse bemierkenswäert, eng Prioritéit vun der Lëtzebuurger Présidence, déi se hat eben u sech am zweete Semester 2015, dass se u sech dat do Thema op den Ordre du jour geholl huet an dat zu hirem Thema och gemaach huet, an zwar d'Économie sociale et solidaire, wat ënnert der Présidence vu Lëtzebuerg ebe geschitt ass.

Et si ganz vill Konferenzen dat Joer gehale ginn, an am Enn vum Joer war eng ganz grouss, wou iwwer 500 Leit zu deem Thema diskutéiert hunn a sech informéiert hunn, ënnert dem Motto „Booster les entreprises sociales en Europe“. An d'Konklusioun duerno am Conseil vun den 28 EU-Länner war déi, dass eng Promotioun géif virgeho ginn um Niveau vun der ganzer EU zu der Économie sociale et solidaire.

Brauch Lëtzebuerg elo wierklech eng speziell Gesetzgebung fir esou Sociéiteiten, fir d'SIS? Jo, mir sinn der Meenung, dass dat wichteg ass. An zwar d'Économie sociale et solidaire, et ass virdu scho gesot gi vum Rapporteur, stellt zwësche 7% an 8% vum Emploi duer. Dat sinn awer 25.000 Leit, déi an 1.000 Entreprises beschäftegt sinn. Een Drëttel vun dësen Entreprises, déi awer ëmmerhin dräi Véierel vun de Leit beschäftegen, déi schaffen am Santés- an am soziale Beräich. A vun deene Leit, déi do schaffen, dat sinn der nach knapp 18.000, do si 70% Fraen.

Et sinn also, wéi gesot, méi wéi 1.000 Entreprises, an déi si ganz ënnerschiddlech opgestallt, wat d'Gesellschaftsstrukturen ueget, an dovun sinn et der knapp 700, déi de Statut oder d'Gesellschaftsform vun der Asbl hunn. Do ass et ganz sécherlech noutwendeg, dass aner Gesellschaftsstrukturen elo hei opgestallt ginn, fir u sech deenen hir Aarbecht och ze begleeten. A vu dass eben esou vill Leit hei engagéiert sinn, esou vill Entreprises concernéiert sinn, si mer der Meenung, dass schonn eng speziell Gesetzgebung noutwendeg ass an noutwendeg war.

Déi Donnéeën, déi ech elo grad genannt hunn, déi kommen aus dem Bericht vum Statec. Deen ass jo eréischt am Abrëll 2014 publizéiert ginn an dee berëfft sech op Zuelen, déi lescht Meldungen, déi do waren, ebe vun 2011. Wa mer wëssen, dass dee Secteur en pleine expansion ass, da muss ee wëssen, dass déi Zuelen zwëschenzäitlech bestëmmt schonn u Bedeutung zougeholl hunn.

Ass Lëtzebuerg dann elo prett fir dës Form vu Gesellschaften, d'SISen? Ass den Terrain och uerdentlech préparéiert? Och do sinn ech der Meenung, an déi gréng sinn der Meenung: Jo, dat ass de Fall. An dat erkennt een un dräi Punkten, doru maache mer et fest:

Éischtens emol, ech hat et scho gesot, de Projet de loi ass ausgeschafft ginn zesumme mat deene Leit aus dem Secteur, mat der ULESS. A wann ech do hire Rapport vun 2015 kucken, da sinn awer net manner wéi 31 Organisatiounen elo an deem Daachverband vertrauten. Dat geet vun A - Amiperas - bis Y - Yolande Coop -, ouni déi aner dozwëscht ze nennen. An d'Dier vun hinnen ass grouss op, fir all aner Leit aus dem soziale Secteur oder Entreprises aus dem soziale Secteur do mat eranzehuelen. E ganz interessante Rapport!

Zweete Punkt, un deem ech et festmaachen, an dat ass och, wat den innovativen Deel vun deem Projet de loi ausmécht, dat ass d'Kreatioun vun engem Incubateur pour entreprises oder entrepreneurs sociaux. Dat ass am Juli dëst Joer gemaach ginn. Deen huet den Numm 6zero1, SIS 01, dat bedeit, si wëllen och déi éischt Société d'impact sociétal ginn, soubal dës Projet de loi, hoffen ech, herno mat grousser Zoustëmmung hei an deem Plenum votéiert gëtt. Déi sinn zu Déifferdeng - wie wonnert et? -, am 1535, wou ganz kreativ Käpp matgestéiert hunn, fir dass dat als Gemengeprojet ebe konnt realiséiert ginn.

An d'Zilsetzung, déi u sech de 6zero1 huet, dat hunn ech mer ugekuckt, majo, dat ass op verschiddene Vektoren. Éischtens emol eng kéier, do op där Plaz probéiere se, fir mat engem modeste Loyer vu 500 Euro de Mount den neien Entreprises, Start-up-Firmen, an deem Beräich eng Base ze ginn, eng Base d'attaque, wou se kënnen Büroaraimlechkeeten, gemeinsam Infrastrukture kréien, wou se u sech kënnen ufänken, hire Projet d'entreprise ze entwéckelen.

An niewendru ginn déi Projeten awer och begleet, well dat muss esou sinn, an zwar op verschiddene Punkten. Éischtens emol: Hei steet dann den Network, dat ass een Deel, dat heescht, iwwer Konferenzen, Formatiounen gëtt en Débat gemaach ënnert deene verschiddenen Akteuren. Assistance, ganz wichteg, an zwar eng personaliséiert Assistance fir déi Entreprises, déi sech wëllen an deem Beräich etablieren. Eng Formation, ganz kloer, an zwar fir dass se e Projet d'entreprise opstellen, fir dass se d'Gestioun vun hirem Projet gemaach kréien, dass se Abléck kréien an: Wéi maachen ech eng effikass Kommunikatioun a wat sinn déi finanziell Voleten, wann ech u sech eng Entreprise opstellen?

Dann ass natierlech d'Finance: Wéi kann ech esou eng Entreprise eben da mat finanzielle Mëttelen ausstafféieren? A wéi schonn ugedeit, de Conseil, de Suivi personnalisé mat engem Mentorat, mat engem Parrainage, fir dass déi Entreprises, wa se sech dann do opstellen, eben och begleet ginn an eben och zu engem Succès kommen.

Den Appel à candidatures, dee leeft am Moment. An dat Ganz, dat soll starten ab dem 1. Januar 2017 an iwwer 12 Méint goen, soudass déi Entreprises eben och e ganz Joer laang begleet ginn.

Drëtte Punkt, woufir ech soen, dass dat hei gutt virbereet ass, dat ass de Volet social. An zwar, esou wéi déi gréng et gesinn, ass eben de Volet social och e Synonym fir Liewensqualitéit. A Liewensqualitéit, och dat ass e Volet vun der Rifkin-Etüd, soll jo erhale respektiv verbessert ginn, an dat op Vue vun engem méi wäiten Horizont: 2050.

An ech mengen, dass dës Projet de loi an déi Iddi vun dem „6zero1“ u sech och an déi dote Richtung geet, fir ze soen, mir ginn deem Volet social eng aner Base. An ech mengen duerfir, dass dës Initiativen dozou bäidroen, dass Lëtzebuerg sech nohalte a sozial an och d'sozial Wirtschaften entsprechend opstellt an dass dat zu Lëtzebuerg implementéiert wäert ginn als ee Wirtschaftszweig.

Sou, wat fir Froen ergi sech awer elo a Bezuch zu deem Projet de loi? Bon, ech dinn dann do eng Kap op, an zwar dinn ech d'Kap op vun engem Administrateur, deen am Conseil d'administration vun esou enger Asbl ass, an enger sozialer Asbl. Et ass déi vun der „Op der Schock“, an do sinn ech als Bénévole aktiv. A wéi ech du gëschter dat virbereet hunn, op emol hunn ech geduecht: „Elo muss mer eng kéier kucken, wat s de an denger Déclara-

tion d'intérêts financiers des députés stoen has.“ An do ergi sech zwou Ännerungen an duerfir géif ech dann elo den Dépôt maachen hei bei eisem President vu mengen ofgeännerten Deklaratiounen.

(**M. Gérard Anzia dépose une documentation.**)

Merci, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och!

► **M. Gérard Anzia (déi gréng).** - Et sinn zwou Ännerungen do: De Méindeg hunn ech eng Asbl zougemaach als President an ech sinn dotëscht nach Member „Op der Schock“ an der Kooperativ mat enger Part vun 1.000 ginn. An dat wollt ech eben och dann hei ad acta ginn. Ech sinn also an deem Projet de loi iergendwéi concernéiert, involvéiert, ouni dass ech awer natierlech elo eng SIS wier. Dat geet jo net, vu dass de Projet de loi elo eréischt kënnt. Ech wollt dat awer nach eng kéier hei preziséieren.

Wéi gesinn ech dann elo als Member vum Conseil d'administration dës Projet de loi? Vill Detailler huet de Rapporteur schonns genannt. Op déi ginn ech natierlech elo hei net méi an. Ech begrëissen awer verschidde Punkten: Éischtens, d'Benefissen, déi musse reinvestéiert ginn. Och dat maache mir zu honnert Prozent an dat ënnerstéize mir mat zwou Hänn.

Zweetens, et sinn dräi Gesellschaftsmodellen, déi hei méiglech sinn: SA, Sàrl oder eng Société coopérative. A vu dass am Moment jo 70% vun awer deene Strukturen ënner Form vun enger Asbl opgestallt sinn, mengen ech, ass dat eng gutt Saach, fir sech eng aner Gesellschaftsform ze ginn. Mir selwer, fir aus dem Nähkästchen ze schwätzen, hunn zwou Gesellschaften, eng Asbl an eng Kooperativ, fir déi verschidde Servicer am Behënnerteberäich - Betreuer, Wunnen, Formatioun an Atelier protégé - ofzedecken. An dat geet anere Leit aus dem Secteur äänlech. Do ass also nach e Volet ze maachen.

Déi éischt Fro duerfir un den Här Minister: Wat geschitt elo, wann ech mer dee Fall virstellen, dass u sech d'Gesellschaften, déi ënnert dem Statut vun Asbl oder Kooperativ opgestallt sinn an déi da Konventiounen hunn, sief et mam Ministère de la Famille oder mam Ministère du Travail, wat geschitt da mat deenen entspreichende Konventiounen?

Drëtte Punkt, deen ech wollt eraushuelen: D'Fuederung, déi drasteet am Gesetz vun engem Contrôle vun engem Réviseur d'entreprises agréé. Dat ass fir mech oder fir eis ganz normal, Contrôle ass de Garant vu Qualitéit an eng Selbstverständlechkeet. An eng SIS ass och eng Entreprise, déi finanztechnesch exemplaresch muss opgestallt sinn. Déi duerf net an deem Beräich dee Volet do vernoléisegen. Duerfir, mengen ech, ass et ganz normal an och richtig, dass e Réviseur d'entreprises agréé hei muss an den Asaz kommen.

Véiert Saach: D'Schafung vun enger Commission consultative fir d'SIS. Bon, et ass eng Consultatioun fir de Minister. Elo kënnt meng zweet Fro: Wie mécht d'Consultatioun vun deenen zirka 1.000 Entreprises respektiv deene 70% Asblen, déi eventuell bereet wieren, fir eriwuerzewiessele op eng SIS? Ech schloen duerfir vir, an der Iwwerleeung vun dem 6zero1, eng nei Entitéit: „6 Mille“, op Lëtzebuergesch „sechsausend“. Wou kommen ech dodrun? SIS 1000, eng SIS-Begleedungs-, -Berodungsstruktur fir déi 1.000 Entreprises vum Secteur.

Mir kommen op de fënnefte Punkt aus deem Projet de loi. Dat ass den Artikel 14, dee wollt ech eng kéier kuerz eraussträichen. Dat ass déi ganz Fiskalitéit vun den SISen. Och déi Ännerungen oder déi Virschléi, déi do sinn, déi Ännerungen vun deene Gesetzgebungen kënnen mer als Leit aus dem Secteur natierlech mat zwou Hänn ënnerschreiben. Dat hu jo och scho Leit virduen hei ausgefouert. Si hunn natierlech Nuancé gemaach, wéi se zu dem Unhuele vun den Done stinn, zu der Akommessteuer, Gewerbesteier an der Verméigenssteuer.

Elo kënnt meng drëtt Fro: Wat geschitt awer elo mat Entitéiten aus dem Secteur, déi den Agrément hu vun der Utilité publique? Wat geschitt mat deem Statut, wa se eriwuerzewiessele op deen neie System vun den SISen?

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kommen elo zum Schluss vu mengen Ausféierungen. déi gréng, déi sinn der Iwwerzeugung, dass d'Économie sociale et solidaire e Modell ass, deen de Volet Émwelt, méi sozial Gerechtegkeet an och méi Liewensqualitéit zu Lëtzebuerg an Zukunft ka mat garantéieren. Duerfir ginn ech ganz gär am Numm vun der grénger Fraktioun eis voll Zoustëmmung zu deem Projet de loi an ech soen lech all Merci fir d'Nolauschten.

► **Une voix.** - Très bien!



► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och dem Här Anzia. An nächste Riedner ass den Här Roy Reding.

► **M. Roy Reding (ADR).**- Merci, Här President. Et ass ëmmer schwéier, ze schwätzen an esou engem Konsensthema, wann een net d'accord ass. Ech maachen et trotzdem. De Georges Engel seet eis, dat éischt Zil wier, ze soen: „De Benefiss ass net alles.“ An ech ginn em recht. Den Här Anzia freet sech drop, datt seng „Firma“, déi en hei deklaréiert huet, dann deemnächst keng Steiere méi muss bezuelen. Ech verstinn dat!

Ech maache mer awer Suergen. Ech denken, datt déi 25.000 Leit, déi 2011 an deem Secteur geschafft hunn an déi, wéi gesot ginn ass, schwéier vermëttelbar waren, et geet jo drëm, datt déi sollen an en éischten Aarbechtsmaart bruecht ginn.

► **Une voix.**- Neen, neen, neen...

► **M. Roy Reding (ADR).**- An ech froe mech, ech froe mech, ob mat deem Projet - waart, ech kommen am Detail dozou -, ob mat deem Projet net éischter Leit, déi eng normal Aarbechtsplaz hunn am éischten Aarbechtsmaart, nohalteg an en drëtten, subventionéierten, so-disant „sozialen“ Aarbechtsmaart gedrängt ginn.

De Georges Engel huet mat Recht drop higewisen, datt haut Asblen ouni Autorisation de commerce - ech perséinlech si souwisou géint dee Konzept, dat weess een - net kënnen un Ausschreibungen deelhuelen. An do läit e bëssen d'Kromm an der Heck: E schwätzt vun engem „level playing field“ tëscht deene soziale Gesellschaften. Mä wou ass de „level playing field“ vun normale Gesellschaften mat deene Gesellschaften, déi haut hei gegrënnt ginn?

Et ass net eng Fro: Fir oder géint eng sozial Wirtschaft? Mir sinn all derfir! Et ass och net eng Fro: Fir oder géint e chrëschtlecht Gesellschaftsbild?, Här Kaes. Mä et geet ëm en „level playing field“ an der normaler Économie: Gäertneraarbechten, Schnéi raumen, botzen, raumen - déi Geschichten -, Transport, Bus fueren. Dese Projet ass fir mech, fir d'ADR, den Inbegrëff vun enger „fausse bonne idée“! Entschëllegt, datt ech dat op Franséisch soen, mä e besseren Ausdrock op Lëtzebuergesch fält mer net an.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Eng falsch gutt Iddi.

(**Interruption**)

► **M. Roy Reding (ADR).**- Eng fausse bonne idée, Här President,...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Eng falsch gutt Iddi!

► **Mme Nancy Arendt (CSV).**- Eng falsch gutt Iddi fir d'ADR.

(**Brouhaha**)

► **M. Roy Reding (ADR).**- ...well anstatt den Impact sociétal ze férdere, gëtt hei virun allem eng Situation illégale vun Asblen, déi ouni Autorisation schaffen, regulariséiert, déi bis elo scho schaffen an och an Zukunft wäerte schaffen mat enger Subvention vum Stat. An am Endeffekt gi Paie bezuelt, déi subventionéiert sinn, well de Stat déi Paien iwwerhëlt. An d'Privatgesellschaften, déi mussen normal Paie bezuelen an déi normal Obligationen erfëllen, hu géint déi dote Gesellschaften keng Chance méi.

D'Fro, déi sech stellt, ass net, ob mer sozial schwache Leit eng Aarbechtsplaz besuergen, mä d'Fro ass, ob mer net Leit, déi haut a Brout an Aarbecht sinn, hir Aarbechtsplaz huelen an an deen doten drëtten Aarbechtsmaart drängen, ob mer net normal Aarbechtsplazen zerstëieren, ob mer net aus normale Salariée Leit maachen am drëtten Aarbechtsmaart, a subventionéierten, so-disant „sozialen“ Betriber, ausser natierlech deene Kollegen an deene Komeroden, deene mer bis zu sechsmol de Mindestloun bezuelen als Chef d'équipe oder als aner förend Positioun an deene sozialen, so-disant „sozialen“ Gesellschaften.

D'Chambre de Commerce huet gesot, si gëif sech wonneren, datt dese Projet laut der Fiche keen Impact hätt op de Budget. Natierlech huet dese Projet en Impact op de Budget, well mir schafen hei eng Aart Gesellschaften, déi keng Gewerbesteier bezuelen, keng Vermeögenssteuer, keng Steuer op hirem Benefiss! Déi Fiche, déi derbäi war beim Projet, déi seet: «Le projet a-t-il saisi l'opportunité pour supprimer ou simplifier des régimes d'autorisation (...)?», do soe se: „Non“. An dat ass richtig, well effektiv: Neen, déi Gesellschaften kréien d'Liewe jo net einfach gemaach! Déi mussen en Agrément froen. Déi brauchen e Réviseur d'entreprises. Här Anzia, wéist Der, wat dat kascht, e Réviseur d'entreprises?!

Et ginn „indicateurs“ agefouert, déi absolutt net definéiert sinn. A wann déi net agehale

ginn, ma da ginn déi Gesellschaften..., si kréien net emol eng Chance, sech ëmzewandelen, si gi liquidéiert op Unerdnung vum Procureur! Et ass alles aneres wéi eng Simplification administrative, et ass fir mech d'Ausgebuert vun engem total bürokratesch denkende Mënsch!

(**Interruption par M. Georges Engel**)

Besonnenesch déi Liquidatioun...

Jo, ech weess, Här Engel, an Ären Ae versti mir alleguerterguer näischt an Dir verstitt alles.

D'Liquidatioun duerch de Procureur, wann eng Kéier den Agrément entzu gëtt, fannen ech ganz schlëmm. Well wou ass dann do Äert soziaalt Gewëssen? Wou ass dann do Äert chrëschtlecht Mënschbild, wann déi Leit dann, déi do schaffen, hir Aarbechtsplaz verléieren, well déi Gesellschaft liquidéiert gëtt, anstatt datt se zumindest d'Chance krit, sech ëmzewandelen?

Wou ass d'Egalitéit tëschent de Bierger, wann d'Parts de rendement... Soubal wéi eng eenzeg Part de rendement do ass, dat heescht eng Gesellschaft, déi och nëmmen eng kleng Anschubfinanzéierung bräicht vum private Maart, da fale sämtlech steuerlech Virdeeler ewech, da muss déi Gesellschaft Steiere bezuelen. Dat ass net normal!

De Conseil de la concurrence seet net nëmmen, datt dat heite keng «réponse optimale» wär, also keng optimal Äntwert op de Problem vun den Asblen, déi als Haaptsaach eng Activité économique verfolgen, wat jo schonn eng Anormalitéit als solch ass, mä e seet: „Et hëlleft net nëmmen net dem Développement de l'économie sociale, mä et ass eng Mesure «où on introduit une distorsion de la concurrence en faveur et contre les intérêts des entreprises traditionnelles».“ (veuillez lire: «où il [le projet de loi] introduit une distorsion de concurrence en faveur des entreprises sociales et au détriment des entreprises traditionnelles».) Et ass genau dat, wat hei geschitt.

Et ass keng gutt Iddi. Et ass net en faveur vun de Salariéen. Et ass net en faveur vun engem chrëschtliche Gesellschaftsbild. Et ass d'Institutionalisierung vun enger Concurrence déloyale géint d'Entreprises, déi d'TVA bezuelen.

Ech rappeléieren, datt mer deemnächst hei e Gesetz wäerte stëmmen, datt all Gérant an all Administrateur d'office responsabel ass fir d'TVA, déi en encaisséiert. Et ass en faveur vun Entreprises, déi keng normal Paie bezuelen, mä subventionéiert Paien, déi keng Steiere musse bezuelen, weder Gewerbesteier nach Vermeögenssteuer nach Steuer op de Benefiss, déi also eng total illicite Concurrence déloyale kënnen maachen, an dat souguer beim Marché public. An dat géint d'Gesellschaften, déi sech mussen un d'Regelen halen! Dat heescht, dérisoire Präisser géint déi Präisser, déi einfach duerch de Marché diktéiert ginn.

Et gëtt eng Konkurrenz tëschent staatleche Betriber mat Komeroden un der Spëtzt, déi sechsmol de Mindestloun kréien, géint Privatentrepreneuren, wou mer aféieren, datt de Gérant oder den Administrateur d'office responsabel ass fir all Faute de gestion oder zumindest eng schlëmm Faute de gestion an do ka vum Procureur poursuiviéiert ginn. Et ass eng Zukunft vun enger Statsekonomie, wou d'Entrepreneure Fonctionnaire ginn, anstatt d'Förderung vu Privativitiativ. A wann Der se schonn net férdert, da loosst se weinstens gewäerden!

Ech soen Iech Merci an ech soen, d'ADR stëmmt selbstverständlech géint dese Projet. Merci.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Très bien!

► **Une voix.**- Radikalliberal!

► **Une autre voix.**- Jo!

(**Interruptions diverses**)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- D'Wuert huet elo den Här Marc Baum.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Här President, mä Virriedner huet elo eng ganz Rëtsch Saache gesot, déi, mengen ech, esou net richtig sinn. Ech probéieren, se a menger Interventioun anescht duerzeleeën.

Ënnert dem Begrëff „économie sociale et solidaire“ versteet een ënnerschiedlech Formen vu wirtschaftlechen Aktivitéiten, déi sech e positive gesellschaftlechen a sozialen Impact als Zil gesat hunn. Och wann et ënnerschiedlech gedanklech Urspréng an inhaltlech Konzeptionen vun deem Begrëff gëtt - wéi den Här Kaes gesot huet, „Sozialwirtschaft ass net datselwecht wéi Solidarwirtschaft“ -, esou hunn all déi Betriber an Organisationen, déi e benotzen, awer eng grouss Gemeinsamkeit, nämlech déi ekonomesch Aktivitéiten, déi se bedriewen, orientéieren sech net um Prinzip vun der Profitmaximéierung. Dat ënnerscheet se vun anere Betriber aus dem fräie Marché.

Si baséieren op reale gesellschaftleche Besoinen, deene weder vun der öffentlecher Hand entsprach gëtt - dacks muss ee soen, leider net entsprach gëtt - nach vum fräie Maart op senger Sich no der gréisstméiglecher Rendite. Et ass eng gesellschaftlech Demande, där entsprach gëtt.

Ursprung vun deenen Initiative vun der sozialer Solidarwirtschaft ass d'hystorescht Engagement vun de Bierger an aus der Zivillgesellschaft gewiescht. An den 80er an 90er Joren, wou d'Initiative ronderëm d'Économie sociale et solidaire u Gewicht gewonnen hunn, goufen Diskussione gefouert, ob dee Secteur an déi Aart a Weis, wirtschaftlech Aktivitéiten ze organiséieren, eventuell en drëtten Pilier - wéi och den Här Kaes gesot huet - vun eiser Économie kéint sinn, nieft dem öffentlechen an dem privaten. An ech mengen, datt een haut soe kann: Et ass een!

Och wa vill vun deene Froe bis haut net komplett an net zefriddestellend gekläert sinn, esou sinn awer scho Realitéite geschafe ginn. 25.000 Aarbechtsplazen, esou sinn d'Ziele vun 2011, ginn et entre-temps an deem „non-profit“-Secteur, dee wesentlech gesellschaftlech Aufgaben iwwerhëlt. An et ass falsch ze soen, dat wiere 25.000 Leit, déi schwéier vermëttelbar sinn. Dat sinn Aktivitéiten, wou et ëm Soins de santé geet, wou et ëm d'Garde geet, ëm d'Këmmeren ëm eeler Leit ënner anerem. An dat sinn net..., dat sinn deelweis héich qualifizéiert Leit. Duerfir ass et jo och wichtig, datt een deene Leit och entsprechend Revenuen oder Rémunérationen gëtt, wéi et an anere Beräicher vun der Privatwirtschaft eben och de Fall ass!

Déi eenzel Betriber an Organisationen aus dem Secteur organiséieren sech am Moment jee no Ausrichtung a verschiddene juristesche Formen. Et ginn Associatiounen, Fondatiounen oder Kooperativen, wou reng zueleméisseg - an et ass gesot ginn - d'Asblen déi allermeechten duerstellen. Mat deem heite Gesetz gëtt fir Entreprises aus der Économie sociale et solidaire d'Méiglechkeet an och den Ureiz schaffen, eng kommerziell Gesellschaftsform unzuhuelen. Duerfir ginn zwee Grënn ugefouert.

Engersäits gëtt mat der Schafung vun der Société d'impact sociétal méi eng grouss Rechtssécherheet par rapport zur bis elo am meeschte benotzter Form vun der Asbl geschaffen, dëst besonnesch en vue vun der Autorisation d'établissement. An anerersäits sollen an Zukunft och verstärkt Betriber aus dem Secteur als SIS kënnen un Ausschreiwunge vu Marché-publicen deelhuelen.

An et muss een awer och do soen, well dat och ee Moment a mengen Ae falsch hei eriwierkomm ass: Et ass eng Fakultéit fir d'Akteuren aus dem Secteur, déi dote Gesellschaftsform unzuhuelen. Et ass net esou, datt, wann dat Gesetz hei a Kraaft trëtt, vun engem Dag op deen aneren alleguer d'Associatiounen - alleguer d'Associatiounen! - sech mussen zu enger solcher Form ëmwandelen. Natierlech, wa se wëllen an de Benefiss komme vun deene Méiglechkeeten, déi eng SIS duerstellt, dann ass dat natierlech de Fall. Mä et heescht net, datt se d'office ausgeschloss si vun deem ganze Secteur vun der Économie sociale et solidaire.

Et ass och, mengen ech, richtig, well dat sinn ebe justement Iwwergangsprozesser, déi da wäerten ugoen. Fir de méigleche positiven Impact vun deem Text awer och richtig aschätzen ze kënnen, sollt een effektiv parallel dozou d'Direktive kucken, déi am Moment och bei eis an der Chamber an der Prozedur sinn.

Bis elo war et jo esou, datt déi meeschte Betriber aus der Solidar- a Sozialwirtschaft de facto d'Méiglechkeet net haten, un öffentlechen Ausschreibungen deelzehuelen, besonnesch duerch hir juristescht Struktur, déi vun den Asblen. Duerch datt si elo eng kommerziell juristescht Form unuhelen an zesumme mat der Ëmsetzung vun den EU-Direktiven, déi am Moment am Projet de loi 6982 déposéiert sinn an och diskutéiert sinn, soll dat an Zukunft méiglech sinn.

Duerfir ass et, well et esou wichtig ass, fir dese Secteur och net onbedeitend, wann ee ganz kuerz op dat Gesetz 6982 ageet, wat jo och explizitt ernimmt ass am Exposé des motifs. Et geet, graff resuméiert, dorëms, datt d'öffentlech Hand ka bei Ausschreibungen zousätzlech sozial an ekologesch Kritäre festleeën, fir verschidde Marchéen ze verginn. Also Dispositiounen, déi Betriber, déi an deem dote Secteur aktiv sinn, maassgeblech entgéintkomme kënnen.

Et gëtt awer dernieft natierlech och der öffentlecher Hand d'Méiglechkeet, oder erëm d'Méiglechkeet, wirtschaftlech Orientéierungen virzehuelen duerch Kritären, déi Betriber ganz allgemeng mussen erfëllen, fir e bestëmmte Marché ze kréien.

Mir wäerten an den nächste Wochen oder nächste Méint Zäit kréien, am Detail op dat

Gesetz anzegoen. Ech wëll just soen, datt et leider an där Form, wéi et am Moment virläit, eng minimal Ëmsetzung ass, datt d'Direktiv vill méi zougelooss hätt vu Kritären, déi ee sech hätt kënnen ginn. Dat ass an eisen Aen amgaange verpasst ze ginn. Nawell gi mat deem Gesetz, also mam Gesetz iwwert d'Société d'impact sociétal zesumme mat deem an eisen Aen net wäitgoenden 6982, erweidert Méiglechkeete geschafe fir Betriber, déi net reng profitorientéiert sinn. Den Aktiounsradius vun deene gëtt also erweidert.

Här President, als Lénk huet eis am Géigesaz vläicht zu eise Virriedner éischter interesséiert, wéi dat Gesetz hei mat deene méigleche Gefore fir de Secteur ëmgeet, déi doduerch entstoe kënnen, datt d'Betriber elo formal eng kommerziell Struktur kréien. A mir si frou, datt den Aarbechtsministère wäitreechend Gardefouen agebaut huet, och wann ee sech am Einzelne sécherlech nach déi eng oder aner Dispositioun hätt kënnen virstellen. An dat ass, mengen ech, ganz wichteg an essenziell och, fir d'Zoustëmmung zu deem heite kënnen ze ginn.

Éischstens, eng SIS-Gesellschaft muss aus Part-d'impacte bestoen a se kann aus Part-de-rendements bestoen, woubäi d'Part-de-rendements och just maximal bis zu 50% dierfen ausmaachen. De Benefiss aus de Part-d'impacte bleift integral am Betrib a ka just fir d'Weiderentwécklung vun de gesellschaftlechen Aktivitéiten ausgi ginn. De Benefiss aus de Parts de rendement, wann et där da ginn an där SIS, kann och just dann ausbezuelte ginn, wann déi gesellschaftlech Impaktziler noweislech erreecht goufen. Fir dat feststellen, muss eng SIS nieft dem Rapport vun engem Réviseur d'entreprises och en extrae finanzielle Rapport ofliwweren, deen eng Evaluatioun vun den erreechten Ziler beinhalt. Dat heescht, fir d'SIS-Sociétéit ass en héijen Niveau vun Transparenz verlang.

Et ass och net méiglech, nodréiglech Impaktsparten a Part-de-rendements ëmzewandelen, SIS-Parte kënnen just a Part-d'impacte weider ëmgewandelt ginn. An och d'steierlech Virdeeler ginn et just dann, wann 100% vun deem, wat erwirtschaft gëtt, och am Betrib bleift a fir d'Weiderentwécklung vun deem Betrib ausgi gëtt. Dat heescht, wa se net ausgeschott ginn un Aktionären oder Sociétaires.

Eng Fro, déi sech stellt, ass natierlech déi: Wann de Minister effektiv, wat mer prinzipiell begreissen, d'Méiglechkeet huet, den Agrément zrëckzezeien, wann eng Fraude geschitt oder wann d'Obligationen net seriö agehale ginn, stellt sech nawell d'Fro, wat an deem Fall mat de Salariée vun där Gesellschaft geschitt, wuel wëssend, datt eventuell d'Kapital vun der Gesellschaft jo iwwergeet oder d'Méiglechkeet besteet, et iwwer ze ginn an eng aner SIS oder an eng Fondatioun oder eng Asbl d'utilité publique.

Här President, nieft allen Opportunitéiten, déi dëst Gesetz schafft, an och nieft de Beschränkungen, fir Abusen ze verhënneren, déi mer begreissen, bedauere mer, datt d'Proposition vum Statsrot net zrëckbehalde gouf, d'Prinzipie vun der Économie sociale et solidaire méi staark un eng demokratesch Gouvernance ze bannen, wéi dat virgeschloe gouf och an der Orientéierung nom franséische Gesetz, well mer denken, datt eng demokratesch Gestiou an eng demokratesch organiséiert Gestiou grad an deem heite Fall, an deem heite Secteur e weidere Wiesenszuch vun der sozialer Solidarwirtschaft ass.

Här President, mat deem Gesetz betriede mer am gewësse Sënn Neiland. Duerfir fanne mer et och gutt, datt de virleschten Artikel vum Gesetz ausdrécklech eng Evaluatioun an dräi Joer vun den Auswirkungen vum Gesetz virgesäit. Et ass an eisen Ae begreissenswäert, datt et sech heimadder ëm d'Ausweidung vun der net profitorientierter Wirtschaft handelt, déi, déi schonn ebe bis elo 25.000 Aarbechtsplaze geschaffen huet, Aarbechtsplazen, déi nohalteg sinn, Aarbechtsplazen, déi net reng dovunner ofhänken, datt Leit a Mesur gehale sinn, mä Leit, Aarbechtsplazen, déi eis Gesellschaft wibeleeg halen, déi eis Gesellschaft um Liewen halen an déi virun allem wichteg an noutwendeg fir eis sinn.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Domat si mer um Enn vun eiser allgemenger Diskussioun ukomm. An d'Wuert huet den Här Aarbechtsminister, den Här Nicolas Schmit.



Prise de position du Gouvernement

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Dir Dammen an Dir Hären, Här President, fir d'Éischt wëll ech emol dem Rapporteur Merci soe fir säi Rapport. An ech wëll och all de Fraktioun Merci soen, déi sech hei expriméiert hunn an och dee Projet hei ënnerstëtzen.

Wat representéiert déi sougenannten Économie sociale? Hei zu Lëtzebuerg, dat ass gesot ginn. Wat representéiert se an Europa? - Just fir dem Här Reding dat ze soen, well ech mengen, en huet dat nach net matkritt.

14,5 Milliounen Leit an Europa schaffen an der Économie sociale et solidaire, 14,5 Milliounen! Dat si praktesch 7% vun allen Jobs an Europa, déi an der Économie sociale et solidaire sinn. Dovu schwätze mer. An och hei zu Lëtzebuerg sinn et bal 30.000 Leit, iwwer 27.000 Leit, déi an deem Secteur schaffen. An et ass eng Injure ze soen, datt dat lauter Leit wieren, déi net qualifizéiert wieren,...

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- ... déi subventionéiert ginn! Dat si Leit, déi eng reell, fir d'Gesellschaft eng extrem wichteg Roll an eisem Land hunn!

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- An ech wëll, datt dat hei eemol gesot ginn ass.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- An ech begrëssen och, datt all d'Fraktiounen dat hei ënnerstrach hunn. An et ass wierklech bëlle Polemik, hei wëllen e ganze Wirtschaftssecteur, ouni deen ons Wirtschaft an onst soziaalt Liewen net kéinte fonctionnéieren, an den Eck ze setzen an als eppes duerzestelle praktesch wéi Schmarotzer. Dat ass eng Injure fir dee Sektour, dat ass eng Injure och fir déi Leit, déi do dra schaffen!

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Wi-vill Leit schaffen dann an den Initiativen? Vu datt mer jo hei vun Initiative schwätzen, Här Reding, dann hätt Der et misse soen! Oder Dir verstitt net genau den Ennerscheid, wat eng Initiative d'insertion ass a wat eng Économie sociale et solidaire ass, quitte datt d'Initiativen och Deel dovu sinn.

Eh bien, ech soen lech et: 1.650 Leit, Demandeurs d'emploi - Demandeurs d'emploi - schaffen an den Initiativen. A wann et déi Initiativen net géife ginn, da soen ech lech, dann hätte mer 1.650 Chômeure méi, dann hätte 1.650 Leit kee Revenu, dann hätte 1.650 Leit eng Situation, eng sozial Situation, eng familiär Situation, déi onméiglech wär. An duerfir...

(Interruption)

...brauche mer och dee Volet, fir Leit, déi vläicht net esou gutt situéiert sinn, wéi ech an Dir selwer, déi eben op déi do Strukturen och mussen zrëckgräifen, soss wiere se an engem déiwe Lach. An ech hunn eng Visioun vun der Gesellschaft, déi Dir, Här Reding, jo schéngt net méi ze hunn, déi ass eng Gesellschaft, wou et Solidaritéit gëtt, wou et Gläichheet gëtt, wou kee fale gelooss gëtt.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Roy Reding** (ADR).- Dir zerstéiert Aarbechtsplazen! Dir zerstéiert dat!

(Interruptions)

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Neen, mir zerstéieren absolutt keng Aarbechtsplazen! Mir kommen drop zrëck.

Duerfir ass effektiv dat heiten eng Formel, déi eigentlech eng Zukunftsformel ass fir d'Wirtschaft. Et ass eigentlech eppes, wou een och gesäit, datt a ganz Europa - a ganz Europa! - vill nodeduecht gëtt: Wéi kënne mer eng Wirtschaft développéieren, déi - contrairement zu Ärer Polemik - net op Subventionen opgebaut ass? Wéi kënne mer esou eng Wirtschaft développéieren, déi ebe seet, datt et muss opgoen, well soss ass et keng Économie, mä mir hunn net als Finalitéit de Benefiss, de Profit?

Dat ass fir verschidde Leit natierlech eng Horrorvisioun, mä mir hunn eng Visioun, datt et e sozialen, e gesellschaftlechen, en ekologeschen Impakt huet. An dat ass...

(Interruption par M. Roy Reding)

Neen, ech kommen nach dozou. Ech kommen och nach zu deem Punkt. Berouegt lech! Dat ass dat eigentlech, wat hei poursuivéiert gëtt. Dat ass dat, wat poursuivéiert gëtt.

An de Succès vun där Wirtschaft ass do! Et gëtt a ville Länner - a ville Länner - souguer normal Entreprises, déi sech als sozial Entreprises ugesinn, well se eben anescht fonctionnéiere vläicht wéi eng klassesch Entreprise. Mä dat ass de Choix, dee jiddwereen huet. Kengem Entrepreneur wäert et muer verbuede sinn - kengem Entrepreneur! -, sech eigentlech en anere Fonctionnement vun der Entreprise virstellen a sech als SIS ze etabléieren, wann en déi Kritäre suivéiert a respektéiert, déi an deem Gesetz hei sinn.

Et ass also absolutt net eppes, wat wirtschaftsfeindlech oder entreprisefeindlech ass. Et ass ploutô eppes, wat clarifiéiert, wat wierklech d'Grenze besser zitt, wat eben dee Flou, deen elo existéiert vun Asblen, déi jo a priori keng kommerziell Aktivitéiten dierften hunn, ewechhëlt an net d'Asblen ofschaft. Neen, d'Asble behalen am associative Liewen eng zentral Roll, mä derniewent gëtt et fir eng Form vu Gesellschaft méiglech, sech ze développéieren, déi sécher heiansdo, oder net ëmmer, mä ganz oft, eng kommerziell Aktivitéit kann hunn, mä déi awer net déi Finalitéiten huet, fir effektiv Benefiss mussen ze maachen.

An duerfir, mir proposéieren hei och eng nei Form vun Entrepreneuriat! Hei ass net eppes, wou just de Minister vun uewen erof décidéiert, wat ze geschéien huet. An op d'Kritäre kommen ech nach zrëck. Mir wëllen hei och besonnesch jonke Leit d'Méiglechkeet ginn, ënnert där do Form Entrepreneur ze ginn.

Mir schwätzen haut och am Kader vu Rifkin vill vun neie Modeller a vun neien Aktivitéiten am Environnement, an der Économie circulaire, an der Energiewirtschaft. Ech stelle fest, datt zu Jonglënster et haut eng Kooperativ gëtt, wou d'Leit hiren eegene Stroum maachen. Eh bien, par Définition ass dat eng Économie sociale et solidaire. A firwat sollen déi Leit net an enger Forme juridique kënne schaffen?

► **M. Roy Reding** (ADR).- ...Steiere bezuelen. Ma wonnerbar, exzellent!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Jo, jo, jo. Wa si sech constituéieren als eng Gesellschaft, da kann ee jo doriwwer diskutéieren, wa se déi Kritäre respektéieren, ob se dat dann nach weider mussen maachen, wann et wierklech eng Gesellschaft ass, wou e gemeinnützigen Intérêt ass fir d'Kollektivitéit.

Et ass also eng nei Form, an et ass ëmmer schwéier natierlech, wann een eng ganz passéistesche Vue vun der Gesellschaft huet, sech fir nei Vuen an nei Formen opzemaachen. An duerfir mengen ech, ass et extrem wichteg, eng wichteg Décisioun, déi mer hei huelen, fir där do Wirtschaft eng nei an zolidd Basis ze ginn.

Mir mussen natierlech zesummeschaffe mat deem Sektour, deen elo scho besteet. An duerfir wëll ech och deem Sektour Merci soen, der ULESS besonnesch an all deenen Akteure vun där ganzer Économie sociale, déi jo haut scho besteet, datt se ons ënnerstëtzt hunn, datt se ons beroden hunn, datt se ons gehollef hu bei der Genèse vun deem Gesetz, wat jo awer eng gewëssen Zäit gebraucht huet. Bon, wéi ech dee Ministère hei iwwerholl hu virun dräi Joer, hu mer ganz geziilt drop geschafft, fir datt mer dat Gesetz kéinte kréien.

Ech ginn lech nach e gutt Beispill. A Frankräich ass an de grandes Écoles, wou jo elo net déi Al-lerlescht setzen, an de grandes Écoles, notamment de grandes Écoles de commerce - HEC, ESSEC -, wou et scho ganz schwéier ass, iwwerhaupt eranzekommen, elo an all deene Schoulen eng extra Sektoun opgemaach gi fir Économie sociale et solidaire, déi driwwer nodenken: Wéi kënne mer, grad vläicht aus der Erfahrung eraus, datt an deem Profitstriewen net alles esou perfekt ass, besonnesch no där Kris, aus där mer nach ëmmer net richteg eraus sinn, vläicht aner Weeër fannen, fir d'Wirtschaft méi stabil, méi resilient ze organiséieren?

En anert Beispill ass Spuenien. Déi Entreprises, déi no der Économie sociale et solidaire a Spuenien organiséiert sinn, an deem Land, wat jo besonnesch haart vun der Kris betraff ginn ass, sinn et déi Entreprises, déi am mannsten Aarbechtsplaze verluer hunn, déi also am beschte resistéiert hunn an där Kris. An ech mengen, duerfir erweist sech dat heiten als dee richteg Wee.

Mä fir datt dat funktionéiert, mussen mer e kloer Kader schaffen a mussen mer natierlech och derfir suergen, datt dee ganze Sektour op engem gudden, professionellen Niveau leeft. Mir brauche gutt Leit, mir brauche capabel Leit, mir brauche gutt ausgebildete Leit, déi an der Économie sociale et solidaire schaffen. Dat ass natierlech wichteg.

An dat heescht net, datt d'Économie sociale et solidaire eleng op Aide-publique funktionéiert. Natierlech gëtt et sozial Missiounen an der Gesellschaft, déi iwwert déi heite Form vu Gesellschaft kënnen exekutéiert ginn, déi ouni Aides publiques net méiglech sinn! Wann ech eng Persoun embauchéieren, engagéieren, déi vläicht Schwiereregkeeten huet, déi wäit ewech ass vum Aarbechtsmaart, da kann ech net verlaangen, datt déi déi nämlechte Produktivitéit huet wéi deen, deen extrem aktiv an extrem produktiv ass. Also kommen ech net derlaanscht, wann ech wëll deem Mënsch eng Chance ginn an der Gesellschaft - nediert, Här Kaes! -, muss ech also déi Méiglechkeet hunn, do eppes dropzeleeën. Dat ass net automatesch!

An ech hunn och net gesot, jiddwereen, dee muer an enger SIS wäert schaffen, dat ass een, deen e Salaire subventionné huet. Mä mir mussen natierlech och punktuell derfir suergen, datt déi Leit, déi net um sougenannten éischten Aarbechtsmaart eng Chance hunn, déi um zweete vläicht eng Chance kënne kréien, datt déi net einfach aus onser Gesellschaft exclu sinn. Mir kreéieren also net op d'Käschte vun deem éischten Aarbechtsmaart Plazen, mir versichen, Leit, déi um éischten Aarbechtsmaart keng Chance hunn, och eng Chance an der Gesellschaft ze ginn.

An duerfir gëtt et och eng ganz Rei Aktivitéiten, déi géife guer net gemaach ginn, wann net déi do Forme vu Gesellschaft géife bestoen. An duerfir sinn dat awer och sozial oder ekologesch oder aner Forme vun Aktivitéiten, déi extrem wichteg sinn.

Mir wëllen net eng Form vun Économie géint eng aner ausspiller. Dat soen ech hei ganz kloer. Et geet hei net drëm, op d'Käschte vun dem Handwerk oder op d'Käschte vun aneren Aktivitéiten hei eng parallel Économie opzebauen. Et erweist sech absolutt, datt déi Économie ergänzend ass. Si ass complémentaire, si kann och nei Forme vun Zesummenaarbechten entwéckelen tëschent der sougenannter kommerzieller Économie an der Économie sociale. A grad do läit vill Potenzial, souwuel fir déi eng wéi fir déi aner.

Mä sot mer emol, wéi géife mer dann déi Leit mat Handicap, vill Leit beschäftegen, wa mer net Ateliers protégés, déi ech elo wëll Ateliers d'inclusion nennen, wa mer déi net hätten, wa mer net géifen do Aktivitéite maachen, wou déi Leit och kënnen eng gewësse Produktivitéit développéieren? Wéi géife mer déi Leit beschäftegen? Mir géife se net beschäftegen! Mir géifen déi Leit an engem Getto loosson. Mir géife se fale loosson, d'Gesellschaft géif einfach definitiv e Stréch ënner si maachen. An dat ass net akzeptabel!

A wann ech also kucken, wat zum Beispill d'Chambre des Métiers seet. D'Chambre des Métiers huet gesot: „Mir si bereet, absolutt mat der Économie sociale eng Plate-forme bilatérale d'échange ze kreéieren, wou mer kucken, wéi déi zwou Saache gutt laanschteneen kommen an net déi Horrorzeenarien do antrieden.“

D'Chambre de Commerce, hei ass de Bréif, schreift explizitt: „Mir wëllen de Soutien à l'entrepreneuriat och der Économie sociale zoukomme loosson.“ Dat heescht, deen, dee seet, e wëllt eng Sociétéit grënnen no dem Modell vun enger SIS, dee kann och bei d'Chambre de Commerce goen an am House of Entrepreneurship do dee Soutien kréien, fir déi Entreprise ze maachen. An duerfir mengen ech, datt mer hei e Stouss ginn an d'Dynamik, an d'ekonomesch Dynamik hei zu Lëtzebuerg, an duerfir och positiv Resultater wäerten hunn.

Elo déi puer Froen, déi mer gestallt gi sinn. Déi éischt ass déi, firwat mer net décidéiert hunn, datt ee kéint automatesch eng Form vun Asbl transforméieren an eng SIS. Ech mengen, aus all méiglechen Transparenzgrënn ass et besser. Eischens, déi Asbl, déi gëtt hir Avoiren, wa se der dann huet, Aktiva, an eng SIS an et gëtt eng nei Form vu SIS kreéiert. Ganz oft bleift d'ailleurs déi Asbl bestoen. Et gëtt eigentlech och oft kee Grund, firwat een déi Asbl opléist, well déi Asbl ka ganz gutt eng aner Fonctioun nach ëmmer bäibehalen, déi da méi am associative Beräich besteet.

Nun, d'Imposition, d'Befreiung vun de Steieren. Et ass och e bësse komesch. Dir kritiséiert, datt, wann ee Parts privées oder Parts de rendement, wéi et am Gesetz heescht, huet an enger SIS, da misst ee Steiere bezuelen. Jo, dann ass ee jo mat engem Fouss och an enger Logik,...

(Interruption)

...wou engem, jo, wou déi Parts de rendement, wou een also och muss iergendwéi déi Parts de rendement rétribuéieren. Dann ass een an engem anere Film, dann ass een an enger anerer Logik, wéi wann et 100% just Parts d'impact sinn.

An et ass ebe grad, fir do net Abusen ze provozéieren, datt ech soen: „Bon, elo bauen ech

mer eppes, wou zwar 50% Parts d'impact sinn a 50%, dat si Parts privées, Parts de rendement, an da sinn ech ganz einfach vun alle Steieren entbonnen!“ Dat wier natierlech en Abus an dat géif op d'Käschte goe vun aneren Entreprises, déi 100%eg einfach kommerziell Gesellschaften sinn. Duerfir ass dat eng absolutt „safeguard“, eng Garantie, datt esou Praxissen net méiglech sinn.

Wat d'Kommissioun ubelaangt, do maache mer e Règlement grand-ducal, do wäerte véier oder fënnf Leit dra sinn. Do wäerte Leit dra sinn, déi einfach fir Expertise an deem do Beräich bekannt sinn, an déi solle jo och en objektivt Uerteel maachen iwwert déi Kritären.

Just nach ee Wuert iwwert déi Indicateuren. Dat ass net eng bürokratesch Hürd oder e bürokrateschen Émmerdement, mä dat ass ebe grad do, well dat do eng Économie ass, déi anescht funktionéiert, a well ee muss par tous les moyens déi Abusen évitéieren, datt dat ënnert där heiter Form eigentlech eng ganz normal kommerziell Gesellschaft kéint ginn. Duerfir mussen mer eben eng gewësse Kloeerheet hunn, wat d'Objektiver vun där Gesellschaft sinn.

An dann, d'Kloeerheet selwer geet net duer, et muss een och derfir suergen, datt déi Objektiver agehale ginn. An duerfir muss een e gewëssene Contôle hunn. A Réviseur d'entreprises, all Gesellschaft brauch een. Firwat sollten eigentlech déi heite Gesellschaften...

Jo?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Här Minister, Dir musst esou lues zur Konkusioun kommen.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.*- Et muss een déi heite kennen, fir eben d'Garantie ze ginn, datt eben och hei net Spiller sinn, déi den Objet social vun där heiter Form vu Gesellschaft net respektéieren.

Voilà. Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Merci och dem Här Minister. An ech gesinn dem Här Reding säin Aarm an d'Luucht goen.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Jo, ech hu souwuel e Fait personnel wéi Parole après ministre.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président.*- Jo, dat ass awer net kumulativ.

► **M. Roy Reding** (ADR).- Jo. Dann ass et einfach Parole après ministre. Den Här Minister huet mech ganz heftig ugegraff,...

(Interruptions)

...besonnesch och, andeem e gesot huet, wéi gutt oder wéi schlecht dësen oder dee sech an der Chamber steet. Ech wollt klipp a kloer soen, Här Minister, déi 60 Leit hei an der Chamber vertrieeden alle 60 d'ganz Vollek, egal wéi gutt oder wéi schlecht si oder hir Famill sech stinn. An ech fannen, déi Diskussiounen vergëften onnéidegerweis d'Diskussioun, déi mer hei hunn. Mir sollten eis hei sachlech auseneesetzen.

(Interruptions)

Sachlech! Dir sidd a mengen Aen, Här Minister, deen, deen hei populistesch Aussoe mécht,...

(Brouhaha et hilarité)

...wann Der mat Atelier-protégéé kommt a mat Aarbechten, déi soss kee géif maachen, wann een dat do net géif maachen. Ech hunn net dovunner geschwat! Ech hunn dovu geschwat, datt Gesellschaften, déi normal ekonomesch Aktivitéiten hunn - Schnëe raumen, Gaardenaarbechte maachen, Bus fueren, Gott weess wat -, keng Steiere bezuelen, keng Gewerbesteier, keng Verméigenssteuer, keng Benefisssteuer a wa méiglech och nach subventionéiert ginn. Dovunner hunn ech geschwat, net vun aarmen handicapéierte Leit, déi an Atelier-protégéé schaffen, an net vu sozial engagéierte Leit. A Gott sei Dank hu mer där am Land, déi sech asetze fir dat, woufir se sech asetzen!

(Interruption)

Wat d'Abusen ugeet, ech hunn net dovu geschwat, datt d'Parts de rendement net solle besteiert ginn. Ganz am Contraire! Mä ech hu kritiséiert, datt esou eng Gesellschaft - wann een da mengt, et misst een esou eng maachen, an ech mengen dat net - 100% besteiert gëtt, well se eng eenzeg Part de rendement huet! Dat ass ganz einfach e Feeler, et ass einfach e Feeler doran!

An dann hutt Der geschwat vun de Réviseur-d'entreprises. Dir sot, an dat beweist, datt Der vun der Économie awer absolutt keng Anung hutt:...

(Brouhaha général)

„All Gesellschaft brauch ee Réviseur d'entreprises.“ Neen, absolutt net! Keng Gesellschaft



brauch ee Réviseur d'entreprises bis ee gewësene Seuil, deem extrem héich ass.

(Brouhaha)

90% vun de Gesellschaften oder 95%, Här Fayot, vun de Gesellschaften hei am Land brauche kee Réviseur d'entreprises. An ech géif mer wënschen, datt mer en Aarbechtsminister hätten, deem dat wéisst.

Merci!

► **M. Fernand Kartheiser** (ADR).- Très bien! Voilà!

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Bon, mir stëmmen dann elo iwwert d'Gesetz of an da gesi mer, wie wat fir enger Meenung ass.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6831 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

56 Jo-Stëmmen zum Projet an 3 Nee-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6831 est adopté par 57 voix pour et 3 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Laurent Mosar), Nancy Arendt, MM. Émile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf (par M. Claude Wiseler), Mmes Martine Hansen (par M. Serge Wilmes), Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Roger Negri), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. André Bauler), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Lex Delles), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott unzefroen?

(Assentiment)

Merci. Ech mengen, do hu mer eng Stëmm méi. Dann ass dat esou décidéiert.

A mir géifen dann zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Et geet ëm eng formell Annerung vum Code du travail opgrond vun europäeschen Direktiven. An de Rapporteur steet schonn hei. Den Här Frank Arndt huet d'Wuert.

5. 6914 - Projet de loi modifiant les annexes 1 et 3 du Code du travail

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

► **M. Frank Arndt** (LSAP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'Chamber sollt dat hei de Mëtteg, wéi ech dat hei geschriwwen hunn, du war et effektiv nach fir de Mëtte virgesinn, mä da soen ech elo: D'Chamber ass den Owend gefrot, fir eng Upassung vun den Annexen 1 bis 3 vun der Aarbechtsgesetzgebung ze maachen, an dat, well eng europäesch Direktiv ëmzesetzen ass,

an zwar déi vum Europäesche Parlament an Europäesche Rot, déi de 16. Dezember 2008 gestëmmt ginn ass.

Mä ëm wat geet et dann hei?

Ma dës Direktiv behandelt d'Andeelung, also d'Klassifikatioun, den Étiquetage oder d'Kennzeechnung an d'Verpackung vu Substanzen, Mélangen oder besser gesot Mixturen, déi méi besonnesch geféierlech sinn. Dës Direktiv wäert verschidden eeler Direktiven a Reglementer ofännere respektiv ofschaffen. Dëst Reglement féiert also en neie System an, fir eng besser Klassifikatioun a Kennzeechnung vu Substanzen a Mélangen ze maachen, woubäi et sech ëm geféierlech Stoffen handelt, an der Europäescher Unioun. An deem Sënn ännert de Projet de loi 6914 näischt un de besteeënde Bestëmmungen of, mä passt dësen neie System un déi besteeënd Bestëmmungen un.

Beträff sinn am Code du travail den Titre III iwwert d'Beschäftegung vun der schwangerer an der stëllender Fra respektiv am Titre IV iwwert den Emploi vun den Aarbechtnehmer. An dësen Titren III a IV sinn d'Referenzen iwwert d'Klassifikatioun an d'Kennzeechnung vu fréier schonn enthalen, dofir ginn dës dann, wéi scho gesot, un deem neie System vum CLP-Reglement adaptéiert.

Och wann dëse Projet de loi keng wierklech Changementer mat sech bréngt, ass et mir an eiser Kommissioun wichteg, nach eemol ze betounen, dass de Schutz vum Salarié, den Aarbechter an de Consommateuren u éischter Plaz muss stoen. Hei weist sech iwwregens och bei der Ëmsetzung vun der Direktiv deem eminent positiven Aspekt an d'Beräicherung vun Europa emol eng Kéier; an aner international Organisatiounen awer och ze nennen.

Ech sinn och iwwerzeegt, dass et eiser Gesellschaft vill bréngt, wann den Aarbechtgeber probéiert, d'Verwendung vun dëse besonnesch geféierleche Substanzen ze verréngeren oder ze vermeiden, andeem se, esou wäit wéi et technesch méiglech ass, duerch Stoffen, Mixturen oder e ganz anert Verfahren ze ersetze sinn. An d'Uwendung vu manieren oder weëneger geféierleche Stoffen ass gutt fir d'Gesondheet a suert fir méi Sécherheet.

Mä wichteg sinn och d'Hygienemoossnamen an déi individuell Schutzmoossnamen, déi eist Aarbechtsgesetz nun emol virgesäit. Mä wat gesäit et da genau vir?

Dass eben déi Moossnamen ze treffe sinn an ze gewäreeschte sinn. Dass Leit, déi an Aarbechtsberäicher schaffen, wou eng Gefor besteet duerch dës Stoffen, och net do iessen, eppes drénken oder fëmmen; dass d'Aarbechtnehmer déi richteg Schutzkleedung oder soss geeegent Spezialkleedung zur Verfügung gestallt kréien; getrennt Opbewahrungsméiglechkeete virgesi si fir d'Aarbechtskleedung engersäits a fir d'Stroossekleeder anerersäits; de Leit géeeent an ugemooosse Wäschgeleeënheeten zur Verfügung gestallt ginn an och d'Schutzausrüstung an enger dofir virgesinnener Plaz sachgerecht stockéiert gëtt a virun all Gebrauch iwwerpréift gëtt an och gebotzt gëtt.

Firwat soen ech lech dat?

Ma ech betounen dat, well ech selwer 20 Joer an engem Betrib geschafft hunn, wou déi Stoffen, ëm déi et haut geet, op der Dagesuerdnung stoungen. A wann een do geschafft huet, an déi Aarbechter vun där Zäit - et war an de fréien 80er Joren, et ass net esou laang hier -, déi Aarbechter ware sech net bewosst, mat wat se do geschafft hunn a wéi geféierlech et war, dat, mat deem se geschafft hunn. A wann een dann nach weess, dass mer 75% Grenzgänger derbäi haten, wou jiddwereen eng aner Ausbildung hat, muss ee sech bewosst sinn, dass dat net déi richteg Method deemools war.

Dir Dammen an Dir Hären, da versteet een haut, dass dat net esou selbstverständlech war, wéi et eis haut virun allem hei an der Chamber kléngt. An dofir muss dës Direktiv elo och um Terrain Gehéier fannen an ëmgesat ginn.

D'Reglement CLP huet als iewescht Zil den internationale Klassifikatiouns- an Étiquetagesystem, déi chemesch Substanzen a besonnesch déi geféierlech chemesch Substanzen kloer a fir jiddwereen verständlech ze zeechnen. A jee no deem, wéi eng Gefor vun där Substanz oder deem Mélange ausgeet, muss d'Industrie, ier dat Produkt an déi Mixturen op de Maart kommen, déi potenziell Risiken ausmaachen, souwuel fir de Mënsch wéi fir d'Ëmwelt.

Deementspriedend ginn déi Substanzen a Mélangen da klassifizéiert an ënnerleien dann enger klorer Zeechnung, ënner anerem duerch Piktogrammen, déi international festgesat sinn, ëmsou méi wichteg fir Leit, déi och haut net all Sprooch kënnen. An déi kloer Zeechnung soll erlaben, direkt ze gesinn, wéi eng Risiken a Gefore kéinten entstoën, wann ee mat deene Substanzen a Mixture schaffet oder se manipuléiert.

Här President, de Projet de loi gouf de 26. November d'lescht Joer vum Aarbechtsminister Nicolas Schmit déposéiert an un d'Aarbechtskommissioun iwwerwisen. De Statsrot huet säin éischten Avis den 8. Mäerz 2016 eis zoukomme gelooss. D'Kommissioun huet de Projet de loi an den Avis vum Statsrot a senge Reunioneën ënnert dem Impuls vum Minister Nicolas Schmit vum 14. September 2016 analyséiert an ugepasst.

Am Avis vum Statsrot waren zwou Opposition-formellen iwwer Textpassagen, déi net konform waren zu der Hiérarchie des normes. Dës Opposition-formelle konnten no Amendementer opgehuewe ginn. Inhaltlech war keng Observatioun ze fannen, weder vum Statsrot nach vun der Chambre de Commerce oder der Chambre des Salariés. Fir weider Detailler kënn Dir de schrëffleche Rapport kontaktéieren.

An darselwechter Sëtzung sinn ech als Rapporteur genannt gi fir dëse Projet de loi. D'Chamberskommissioun huet de Projet de loi de 17. November 2016 eestëmmeg ugeholl.

An an deem Sënn Merci am Numm vu mir a vun der Kommissioun un d'Mataarbechter vun der Chamber, vum Ministère an natierlech u meng Mataarbechterin aus der Fraktioun.

Als LSAP ënnerstëtze mir dës Ëmsetzung vun der Direktiv selbstverständlech. An ech ginn lech heimat am Numm vu menger Fraktioun d'Zoustëmmung zu dësem Projet. A Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Merci och, Här Rapporteur. An den Här Kaes huet d'Wuert.

(Interruption)

Jo, Dir bleift setzen. Da fuert duer!

Discussion générale

► **M. Aly Kaes** (CSV).- Neen, ech stinn op!

(Hilarité)

Här President, wéi all Deputéierte stinn ech op. An da wéilt ech vun der Geleeënheet profitéieren, fir fir d'Éischt dem Här Rapporteur villmools Merci ze soen. Hie war esou detailléiert, en huet et jo selwer gesot, soss hätt ech et misse soen, en huet laangjäreg Erfahrung an engem Betrib, wou wierklech ganz vill och mat ganz geféierleche Produkter geschafft ginn ass. Ech kennen dat, well mer Attachen allen zwee an deem Betrib hunn. An duerfir ass et ganz kloer, datt kee Bessere konnt dee Rapport hei maache wéi den Här Arndt. An duerfir géif ech em nach eng Kéier Merci soen an natierlech och d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun ginn.

Merci!

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Wie freet d'Wuert nach? Den Här Lamberty huet d'Wuert.

► **M. Claude Lamberty** (DP).- Also ech fannen, den Här Arndt, deem huet dat esou gutt

gemaach, dass ech natierlech och am Numm vun der Demokratescher Partei him e ganz grouse Merci soe fir déi Aarbecht, déi en den Owend nach hei ofgeliewert huet, a ginn den Accord vun eiser Fraktioun.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Den Här Anzia huet d'Wuert.

► **M. Gérard Anzia** (*déi gréng*).- Jo, Merci, Här President. Also den Accord vun der gréngeger Fraktioun an e Merci un de Rapporteur. Voilà.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Den Här Baum huet d'Wuert.

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Jo, mir ginn eisersäits och den Accord vun der Lénker. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech ginn dovun aus, dass all déi aner Kolleegen datselwecht mengen an dass den...

Prise de position du Gouvernement

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Merci dem Rapporteur!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- A Merci lech all.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6914 et dispense du second vote constitutionnel

De Vott fänkt un. Dat ass dann dee leschte Vott fir „hokt“.

(Hilarité)

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. Huet jiddwereen ofgestëmmt? Oder ass nach ee vun de Kolleegen do, deem nach „nik“ ofgestëmmt huet?

(Interruptions)

Dann ass de Vott elo ofgeschloss.

56-mol Jo. Unanimitéit.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval (par M. Marcel Oberweis), Nancy Arendt, MM. Émile Eicher (par M. Claude Wiseler), Félix Eischen (par Mme Martine Mergen), Léon Gloden (par M. Serge Wilmes), Mme Martine Hansen (par Mme Nancy Arendt), MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par Mme Cécile Hemmen), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton (par M. Marc Angel), M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Yves Cruchten), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel (par M. Gusty Graas), M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par M. Roberto Traversini), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser) et Fernand Kartheiser;

MM. Marc Baum et David Wagner.


Ass d'Chamber bereet, fir d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou décidéiert.

Mir sinn um Enn vun der Sëtzung vun haut ukomm. Muer ass Rendez-vous um zwou Auer. Kommt gutt heem! Merci an e schéinen Owend.

(Fin de la séance publique à 19.28 heures)



Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram

